

Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 3 / 2014

*Den Highlander Iggi vum Escher Déierepark
freet sech schonn op Är nächst Visite.*



www.esch.lu

Séance du Conseil communal du
vendredi 7 mars 2014

myenergy infopoint

Esch- Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



Wie lüfte ich richtig?

- Vermeiden Sie Dauerlüftung über gekippte Fenster !
- Lüften Sie Bad und Küche unmittelbar nach der Dusche oder Kochen !
- Lüften Sie die Schlafräume unmittelbar nach dem Aufstehen !

Sie können den Luftzug reduzieren indem Sie undichte Fenster und Außentüren mit nachrüstbaren Dichtungen ausstatten.

Vereinbaren Sie einen kostenlosen Beratungstermin in Ihrem myenergy infopoint!

Hotline 8002 11 90 / www.myenergyinfopoint.lu



myenergy
Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Infrastructure



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



PROJET
D'INITIATIVE
PUBLIQUE
EUROPÉENNE



myenergy
infopoint

myenergy infopoint

Esch- Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



Comment aérer correctement?

- Évitez de laisser la fenêtre entrouverte !
- Aérez la salle de bain et la cuisine immédiatement après la douche ou la préparation du repas!
- Aérez la chambre à coucher aussitôt après le lever, et avant de vous coucher!

Appliquez des joints d'étanchéité aux fenêtres et portes non étanches afin de réduire les courants d'air.

Prenez un rendez-vous de conseil gratuit et personnalisé dans votre myenergy infopoint!

Hotline 8002 11 90 / www.myenergyinfopoint.lu



myenergy
Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Infrastructure



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



PROJET
D'INITIATIVE
PUBLIQUE
EUROPÉENNE



myenergy
infopoint

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello –
Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid –
M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera
Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents: M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt

Ordre du jour

	Page
Réunion huis-clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre: présentation et discussion	4
5. Zone industrielle « Um Monkeler »: autorisation d'ester en justice à l'encontre de l'autorisation d'établissement délivrée pour la fabrique d'asphalte; décision	13
6. Dénomination d'une place au site « Heinzebiërg »; décision	22
7. Questions de personnel; décision	22
8. Devis relatifs aux installations des terrains de football; décision	23
9. Relevés et rôles supplétifs; décision	25
10. Subsidés extraordinaires; décision	25
11. Commissions consultatives: modifications; décision	25
12. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	26
Résumé en français	26



Sëtzung vum Escher Gemeengerot Freideg, de 7. Mäerz 2014

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moien alleguerten nach eemol. D'Décisiounen iwver d'Personal vum Huis clos gi verdeelt elo am Laf vun der Gemengerotssitzung.“

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder avec effet au 1^{er} octobre 2014, à Monsieur Guy Kleren, professeur de musique.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

2) Démission à accorder, sur sa demande, à Monsieur Olivier Rouzier nommé aux fonctions d'expéditionnaire technique de la Ville par décision du conseil communal du 7 février 2014.

L'intéressé renonce à la nomination qui lui a été conférée.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Monique Ralinger, éducatrice graduée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Pamela Dreiling, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

3) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Nadine Schneider, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville, détachée auprès du service « Jeunesse ».

C) Nomination provisoire.

Nomination provisoire d'un expéditionnaire technique de la Ville.

Nouveau titulaire Joe Thornton

D) Nominations définitives.

Carrière du chargé d'études informaticien.

Nomination définitive de Monsieur Claude Steffen aux fonctions de chargé d'études informaticien, avec effet au 1^{er} août 2012.

Carrière de l'expéditionnaire administratif.

1) Nomination définitive de Monsieur Sam Lippert aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet au 1^{er} novembre 2013.

2) Nomination définitive de Monsieur Tom Sagramola aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet au 1^{er} novembre 2013.

E) Promotions.

Carrière de l'artisan

1) Promotion avec effet au 1^{er} avril 2014 de Monsieur Carlo Majerus aux fonctions d'artisan dirigeant (grade 7bis).

2) Promotion avec effet au 1^{er} octobre 2014 de Monsieur Jacques Müller aux fonctions d'artisan dirigeant (grade 7bis).
Carrière du chargé d'études informaticien
Promotion avec effet au 1^{er} mai 2014 de Monsieur Philippe Meyers aux fonctions de conseiller informaticien (grade 15).

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir géifen dann direkt zum nächste Punkt kommen.“

3. Correspondance

/

4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre: présentation et discussion

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Mar ass Fraendag, internationale Fraendag, an traditionell beschäftege mer eis ëmmer an där Gemengerotssitzung ronderëm den internationale Fraendag och mat dem Thema vun der Chancëgläichheet. Haut steet um Punkt 4 vun eiser Dagesuerdnung d'Analys vun der Struktur vum Gemengepersonal. Eng Analys, déi mer elo zënter e puer Méint gemaach hunn. D'Donnéeë recherchéiert hunn zesumme mat dem Chancëgläichheitsamt, dem Service du personnel, esou wéi mer dat an de leschte Joeren ëmmer gemaach hunn. Et si ganz interessant Donnéeën dobäi erauskomm, ganz wäertvoll Donnéeën. A mir hunn eis och décidéiert, datt entgéint deem wéi mer et an de Joere soss gemaach hunn, datt d'Chancëgläichheetsschäffin oder d'Buergermeeschtesch deen Dossier virgestallt huet, et dës Kéier de Personalschäfte selwer wäert sinn, well mer der Meenung sinn, datt dee Chancëgläichheitsplang, bedingt och an déi Analys jo an d'Personal erafält, d'Personal betrëfft, a mir hunn en immens gudden a verwennte Vertrieder vun der Chancëgläichheet an der Persoun vun eisem Personalschäffen, deen lech den Dossier wäert virstellen an ech wäert duerno dann e puer Umierkungen dozou nach maachen.
Här Codello, Dir hutt d'Wuert.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter fir déi kuerz Introduktioun an ech soen och

Merci fir Gesprécher an der leschter Zäit déi engem d'Aen opgemaach hunn, datt d'Personalpolitik transversal a ressort-iwwergräifend muss geholl ginn, well net méi spéit wéi gëschter hate mer e Gespréich wou ech da selwer vun de Kollege gesot kritt hunn, datt ech um Wee wär déi selwecht Feeler ze maachen déi ech mengem Virgänger ëmmer reprochéiert hunn a gesot hunn, pass op deng Gesondheet op. A si hunn et gëschter gemaach, also kee Joer gewaart, an dofir soen ech hinnen nach eng Kéier Merci an datt se mer awer och haut déi Missioun ginn hunn déi Analys ze presentéieren.

Et ass déi drëtt Analys, et ass déi drëtte Kéier no 2004 an 2008, datt de Schäfferot also mat enger Analys iwver d'Personalstruktur hei an de Gemengerot kënnt. Ech wéilt och e grouse Merci fir d'Erstelle vun dëser Analys soen un de Service Egalité des chances, mä awer och un de Service du personnel an un de Service structure et organisation, déi natierlech dat onheemlecht groust Zuelematerial wat an deem Dossier do virläit, an ech soen lech direkt, ech schockéieren lech direkt net, ech wäert net all eenzelne Prozentsaz hei analyséieren. Nee, Här Baum, ech maachen lech déi Freed do net. Ech maachen lech déi Freed do net elo, mä ech wäert herno just op déi wichtegst Punkten agoen. Mä ech ka mer awer virstellen, datt herno nach déi eng oder déi aner Umierkung oder Ureegung och ass, Froen och natierlech, mä héchstwahrscheinlech, ech hu wéi ech mat der Madame Buergermeeschter wéi mer déi éischte Kéier dat Dokument geschéckt kritt hunn, datt ech dat Dokument onheemlech wichteg an interessant fannen, well et Ureegung gëtt zu enger Personalpolitik déi ze definéieren ass.

Dëst Dokument also, wat voller Zuelen ass an aus vollen Zuele besteet, ass op där enger Säit ganz wichteg fir eng objektiv Vue vun eisem Gemengepersonal ze hunn. Mä et beinhalt zur gläicher Zäit onheemlech wichteg Donnéeën ebe fir d'Personalpolitik an Zukunft ze definéieren an och ze orientéieren. Et ass duerfir en Dokument wat transversal an och ressort-iwwergräifend ass an an deem jiddwer Kolleg aus dem Schäfferot déi fir sech relevant Donnéeën kann erauszéien. Fir de Gemengerot ass et elo, no 2008 sech mat deenen objektiven Zuelen zum Personal ausernee ze setzen an och zur Kenntnis ze huelen. Dëst Dokument ass och eng immens wichteg Basis fir verschidde grondleeënd Décisiounen ze huelen. An an deem Kontext, an dat soen ech direkt, wäert et och d'Décisioun sinn, datt de Schäfferot dat Dokument an

4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre

d'Personalkommissioun gëtt. Mir hunn et net am Virfeld ginn, mir wollten et hei presentéieren, mä mir ginn et awer an d'Personalkommissioun, fir dass do och sollen déi Zuelen analyséiert ginn an och e grondleeëndend Avis soll geschriwwen ginn, wéi een an deenen eenzelne Beräicher ka Verbesserungen oder Ureegung maachen.

Et ass awer och wichteg menger Meinung no, datt mer vläicht de Membres vum Conseil de recrutement dat Dokument zoukomme loosse. Mir hunn eng Partie fest Memberen an deem Conseil de recrutement déi ëmmer bei deene Gespréicher dobäi sinn an ech mengen déi sollen och iwwert déi bestehend Struktur vum Personal Bescheid wëssen a wou an deem engen oder aneren Domaine Insuffizienz bestinn, fir kënnen, en connaissance de cause an no deene Critères déi sech opgestallt hunn, hir Avice kënnen ze huelen an dann dem Schäfferot en âme et conscience déi Avisen zu verschiddene Poste kënnen duerzeleeën.

Apropos Personal. Momentan leeft hausintern eng Enquête bei eisem Personal wou et ëm Perceptioun wat d'Aarbechtssituatioun ugeet, esou wéi d'Conciliatioun tèschent Privat- a Beruffsliewen an och Zefriddenheet par rapport zu deenen Thematiken ugeet. Déi Enquête leeft de ganze Mount Mäerz. Mir hunn nach keng éischt Chiffere wéi vill Leit dorunner Deel geholl hunn. Dat leeft natierlech ënnert dem Anonymat, d'Leit mussen do e Questionnaire ausfüllen deen herno analyséiert gëtt vun enger externer Firma, well dese Questionnaire leeft am Kader vum Programm vun den Actions positives dans les administrations publiques dat vum Ministère à l'Egalité des chances organiséiert gëtt an do si mer nieft de Gemengen Diddeleng, Déiferdeng eng vun deene Gemengen déi do matmaachen.

Kolleginnen a Kollegen, loosst mech awer elo op déi wichtegst Donnéeën an Zuele vun där Analys hei agoen. Wéi Dir geliest hutt am Dokument, beriff sech d'Analys op d'Personalstruktur vum 31. Dezember 2012. Dee Moment waren 1.077 Persounen hei op der Gemeng agestallt. Dovunner 514 Fraen, wat 47,73% ausmaachen a 563 Männer, wat dee Moment 52,27% waren a wat am Ganzen 971,53 équivalent Temps plein ausmécht. Wann Dir déi 2 Zuelen ukuckt, esou gesitt Dir, dass den Equiliber tèschent Männer a Fraen quasi erreecht ass. Dëst ass awer och ...

(Zwëscheruff)

Quasi, Här Weidig, quasi hunn ech gesot. Dëst ass awer och am Kontext ze gesi

vun enger Politik Egalité des chances déi zënter dem Joer 2000, wou mer dat an de Koalitionsaccord ageschriwwen hunn, a wou mer d'Kreatioun vum Service gemaach hunn, sinn dat heiten déi éischt Friichte vun där Politik déi dorausser ze liese sinn.

Wat elo d'Opdeelung vun den eenzelne Statuten ugeet, esou hu mer folgend Situatioun. 547 Persounen oder 50,79% si Saliariés manuels. An ech soen direkt, dobäi sinn déi 16,71% Agents de nettoyage mat dran. 261 Persounen, dat heescht knapp 25% sinn am Statut vum Fonctionnaire. 196 Persounen oder 18,2% sinn am Statut vum Saliarié intellectuel a 6,78% oder 73 Persounen sinn als Employé communal agestallt. Tëschent dem 30. September 2007 an eben dem 31. Dezember 2012 ass d'Gemengepersonal ëm ganzer 217 Unitéiten eropgaangen. A 5 Joer an 3 Méint ëm 217 Unitéiten an d'Luucht gaangen, dat entsprécht ongeféier 44 Persounen déi pro Joer nei agestallt goufen an dat ass eng interessant Aussoe déi ee sech och am Hannerkapp vun de Budgetsdebatten heiansdo kéint verhalen an déi ee vläicht och hätt kéinte fir déi Budgetsjoeren hunn. Mä dat kënne mer jo an Zukunft ëmmer méi aktualiséieren.

Interessant ass awer och ze bemierken, dass ausser bei de Fonctionnaires an all aner Statut d'Personal an d'Luucht gaangen ass. Virun allem bei de Saliariés intellectuels ass d'Zuel eropgaange wat sécherlech duerch déi grouss Investissementer an d'Maisons Relais ze erklären ass, wou dann natierlech och dat noutwenneg Personal gebraucht gëtt.

Loosst mech elo op 6 wichteg Ënnerdeelungen aus deem Rapport kuerz agoen. Déi 6 wichteg Ënnerdeelungen an deem Rapport ass éischtens d'Participatioun um Beruffsliewen nom Geschlecht. Dann, d'Differenzen um Niveau vum Statut. En drëtten Deel dee ganz wichteg ass, dat ass natierlech och den Degré d'occupation tèschent de Geschlechter. Déi verschidde Carrièresniveauen tèschent de Geschlechter. Dann och d'Opdeelung pro Secteur d'activité par profession selon le genre. An e sechsten interessante Punkt, dat ass och eis Altersstruktur vum Personal, wéi Dir gesinn hutt, wat och analyséiert ginn ass.

Wat d'Participatioun um Beruffsliewen nom Geschlecht hei ugeet, hat ech lech gesot, dass 1.077 Leit op Silvester 2012 hei agestallt waren. Dovunner 514 weiblech Persounen a 563 männlech Persounen. De Part vun den Dammen, vun de Fraen am Gemengepersonal, ass dofir zënter dem 30. September 2007 an d'Luucht gaangen, an dat ëm 5,2%. A

Chiffres absolus heescht dat, datt mer zënter dem 30. September 2007 bis den 31. Dezember 2012 148 Dammen méi agestallt hunn an nëmmen 69 Männer an deem selwechten Zäitraum. An ech wäert mech an deene ganzen Erklärungen ëmmer op déi Zäitrumm 30. September 2007 bis 31. Dezember 2012 beruffen.

Wat elo d'Differenz ugeet um Niveau vum Statut sinn d'Frae besser representéiert wéi d'Männer an de Kategorie vun den Employés communaux, vun de Saliariés intellectuels, do sinn et 78,06%, an an der Carrière vun den Agentes de nettoyage wou 86,11% weiblech Geschlecht sinn. Männer par conter si besser representéiert an der Kategorie vun de Fonctionnaires. Do sinn 68,58% hu mer männlech Fonctionnaires. A vun de Saliariés manuels, dat sinn 81,20%. Mir musse och do feststellen, datt d'Part vun de Fraen an der Kategorie vun den Agents de nettoyage an där Zäitrumm eropgaangen ass, vu 96,87% op 86,11 a si ass ëm 1% erofgaange wat de Statut vum Fonctionnaire ugeet.

Wat tëschent 2012 an 2007 ugeet, sinn d'Männer méi oder besser representéiert an der Kategorie vun de Fonctionnaires a vun de Saliariés manuels. 1% Steigerung am Statut vum Fonctionnaire bei de Männer an där Zäitrumm. Mä wat ganz wichteg ass, a wat och eng Egalité des chances Nuance ass, dat ass datt d'Zuel oder de Prozentsaz vun de Männer bei den Agents de nettoyage vun 3,13% op 13,89% an där Zäitrumm an d'Luucht gaangen ass.

Wat d'weiblecht Personal ugeet, kënne mer also elo konstatéieren, datt eng Majoritéit vun den Dammen als Saliariée manuelle agestallt ass. 30,16% dovunner an dem Service de nettoyage. Da kommen d'Saliariés intellectuels mat 29,79% a 15,95% als Fonctionnaire. A Chiffres absolus ass d'Unzuel vun den Employés communaux, vu weiblechen Employés communaux vu 16 Unitéiten an där Zäitrumm an d'Luucht gaangen. Vun de Saliariés manuels, Agents de nettoyage ewech geholl, ass ëm 18 Unitéiten an d'Luucht gaangen. Par conter muss ee feststellen, datt mer bei de Fonctionnaires, do ass d'Unitéit ëm 2 erofgaangen an dat musse mer kucken, well wann Dir de Rapport ganz geliest hutt, si mer wat d'Fonctionnaires a virun allem d'Fonctionnaires an der Carrière supérieure ugeet, do hu mer e ganz grouss Ongläichgewicht tèschent Mann a Fra.

Déi grouss Augmentatioun vun de Fraen am Personnel communal kënnt, an dat ass keng Iwwerraschung, well dat sidd Dir gewinnt duerch déi Décisiounen déi

4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre

Dir hei regelméisseg huelt, kënnst doud-sécher duerch dat grouss Engagement vu weiblechem Personal fir d'Besoine vun de Maisons Relais déi d'Stad Esch hei an de leschte Joeren als eng vun de Prioritéiten définiert huelt.

Wat elo d'männlecht Personal ugeet, gesi mer datt 52,93% vum männleche Personal wat an der Administration communal schafft, ënnert dem Statut vum Salarié manuel ass, ouni d'Agents de nettoyage abegraff. D'Fonctionnaire kommen da mat 31,79%. Salariés intellectuels mat 7,64%. Agents de nettoyage maache 4,44% beim männleche Personal aus an 3,20% Employés communaux. D'Unzuel vun de männleche Fonctionnaires ass ëm 4 Unitéiten erofgaangen a vun de Salariés manuels ass ouni d'Agents de nettoyage ëm 36 Unitéiten an där Zäitrumm an d'Luucht gaangen. Wat eben, an dat hunn ech ugedeit, ganz wichteg ze bemierken ass, dat ass dass d'Unzuel vun de männlechen Agents de nettoyage ëm 21 Unitéiten an där Zäitspan an d'Luucht gaangen ass an ëm 3,6% eropgaangen. Loosst mech elo zu engem ganz wichtige Punkt kommen, wou awer vläicht fir lech och keng Iwwerraschung ass wat d'Konklusioun vum Rapport sinn, dat ass den Degré d'occupation selon le genre. Mir hunn 971,53 équivalent Temps plein, déi 1.077 Persounen maachen dat aus op den 31. Dezember 2012 gehat. An et wäert fir lech keng Iwwerraschung sinn, datt ech lech soen, datt eng grouss Majoritéit vu weiblechem Personal Usproch hält op eng Temps partiel, op eng Demande de temps partiel, well, an dat muss een einfach esou umierken an eisem Gesellschaftsbild, et ëmmer nach esou ass, datt wann déi zwee schaffe ginn, datt dann éischter d'Fra an der Koppel den Temps partiel ufreet fir da besser kënnen d'Beruffsliewe mam Privatliwien ze concilierien an dat ass eppes wat mer regelméisseg och hei gesinn. Déi Demande wat d'Temps partiel ugeet, déi si gréisstendeels vu weiblechem Personal gefrot.

Wat d'Detailler vläicht an de Statuten ugeet. Bei den 261 Fonctionnaires déi en place sinn, schaffen 32 Persounen temps partiel. Vun deenen 73 Employés communaux sinn et 25 déi à temps partiel schaffen an do sinn et natierlech alt erëm, wéi ech gesot hunn, éischter déi weiblech Fonctionnaires, dat sinn 28 Fraen oder 34,14% déi do Deel schaffen a bei den Employés communaux sinn et 21 Dammen oder 38,18% déi Deel schaffen. Par conter sinn et nëmme 4 männlech Fonctionnaires op 179, oder 2,23%, déi Deelzäitarbecht ugefrot hunn a 4 Männer op 18 Employés com-

munaux déi dat selwecht an deem selwechten Zäitraum ugefrot hunn. Domatter kënnen mer och feststellen, datt zënter 2007 d'Unzuel vun de Fonctionnaires a vun den Employés communaux männlechersäits, déi den Temps partiel ugefrot hunn, stabel bliwwen ass.

Bei de Salariés intellectuels hu mer déi folgend Situatioun. Op déi 196 Salariés intellectuels sinn 115 Persounen déi Temps partiel schaffen, dat maachen 58,67% aus an et sinn do och virun allem déi weiblech Salariés intellectuels déi do dat ugefrot hunn. Dat sinn der vun 153 sinn et der 98 déi do dat ugefrot hunn. Well et muss een, an dat hunn ech och elo an där kuerzer Zäit als Personalschaffe gesinn, déi Leit déi sech op socio-educative Poste mellen, Educatrices, Educateurs, déi hu meeschtens och e Recht op hir eegent Famillieliewen an dat sinn och déi, déi dann och do heiansdo den Temps partiel froen, well si hunn déi selwecht Rechter natierlech wéi all aneren Agent, eng besser Conciliatioun tèschent Privat- a Beruffsliewe kënnen unzefroen.

Ze bemierken ass dass bal 96% vun de Salariés intellectuels an den Aktivitéitssecteure Kanner, Jugend, Kultur a Sécurité sociale erëmzefanne sinn. Déi héich Unzuel vun Temps partiel, dat ass natierlech och doropshin ze schléissen, datt dat e Beruffsbild ass wat éischter vu weibleche Kandidaten ugefrot gëtt an dat gesi mer regelméisseg wa mer mat deene Personalfroen hei an de Conseil kommen, gesitt Dir datt wa sozio-educativ Stellen ausgeschriwwen sinn, datt do méi Damme sech op déi Poste melle wéi Hären, an dann ass et natierlech och logescherweis eng Konsequenz, datt dann och éischter Damme gestëmmt ginn. Mä et ass awer och nach eppes ze bemierken, dat ass datt an deenen dote Secteuren och heiansdo d'Aarbechtskontrakter déi proposéiert ginn an deene Secteuren, och partieller Natur sinn. Do hu mer Leit, mir schreiwen heiansdo Stellen aus 20/40tel, 30/40tel an dat ass an deem Secteur och eppes wat ganz heefeg de Fall ass.

D'Unzuel vun de Kontrakter à temps partiel ass dowéinst an d'Luucht gaange vun 2007, 44,66% op 58,67%, an dat eben duerch eng grouss Unzuel vu Créations de postes fir, wéi mer se nennen, Agents socio-éducatifs.

Pardon, ech huele just e kleng Schlupp. Ech wëll net domatter soen datt et eng dresche Matière ass, mä au contraire, mä et muss een awer heiansdo e Schotz huelen. Mir konstatéieren dann awer och, datt bei de Salariés intellectuels féminins, also bei den Dammen, do sinn

d'Contrats de travail à temps partiel vu 47,7% 2007 op ganzer 64% 2013 eropgaangen. 93,37% oder ronn 94% vun de Salariés manuels, dat heescht ouni d'Agents de nettoyage, schaffen à temps plein. Wat do d'Salariés manuels féminins ugeet, schaffen déi natierlech méi à temps partiel och do wéi déi männlech Salariés manuels. Et sinn 18 Dammen an 10 Männer déi do den Temps partiel an där Zäit ugefrot haten. Op déi 180 Agents de nettoyage sinn et 161 Persounen oder knapp 90% déi Temps partiel schaffen. Do ass awer och dobäi ze bemierken, datt do de Contrat de travail standard fir déi Agents de nettoyage meeschtens bei 36/40tel läit, wat enger Occupation de travail vun 90% entsprécht. Wéi gesot ass d'Unzuel vun de männlechen Agents de nettoyage considérablement an d'Luucht gaangen an och do mierke mer datt 24 vu 25 Agents de nettoyage masculin hunn en Degré d'occupation tèschent 90, also déi 36/40tel, an 100% vun der Tâche.

Loosst mech elo nach e puer Wieder wann ech gelift iwwert déi eenzel Niveauen, Carrièresniveaue selon le genre soen. Et ass constatéiert ginn op Dezember 2012, datt déi männlech Agente besser représentéiert sinn um Niveau vun der Carrière supérieure wéi d'Dammen, um Niveau vum Statut vum Fonctionnaire, vum Employé communal a vum Salarié intellectuel. 20,42% vun de Männer gehéieren der Carrière supérieure un, géint 9,66% vun de Fraen déi hei an der Gemeng schaffen. D'Frae par conter fanne sech majoritär am Niveau vun der Carrière moyenne erëm. 39% vun den Dammen déi hei an der Administration communale engagéiert sinn, géint 29% vu Männer an der Carrière moyenne. Bal d'Halschent vun eise Fonctionnaires, Employés a Salariés intellectuels befanne sech an der Carrière inférieure. Dat gëllt grad esou fir d'männlecht Personal, wat 48,75% ausmécht, wéi fir d'weiblech Personal wou dat 48,28% ausmaachen an der Carrière inférieure. Op den Dezember 2012 hu 77 Persounen um Niveau vun der Carrière supérieure all Statut confondu geschafft. Do hunn d'Frae 36,66% vum Personal ausgemaach, wat 28 Leit sinn an 49 Männer wat dogéint 63,64% sinn, wat schonn Ënnerscheeder sinn, wou mer schonn an e gewëssenen Déséquilibre kommen. An der selwechter Zäit hunn 184 Persounen um Niveau vun der Carrière moyenne geschafft, wou d'Dammen 61,96% ausgemaach hunn an d'Männer nëmme 38,04%. d'Part relatif vun den Dammen an der Carrière moyenne ass also supérieure an ass

4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre

bedeutend méi héich wéi déi vun de Männer an och do ass dat erëm zu engem groussen Deel duerch d'Ästelen an de Maison Relais ze erklären. D'Carrière moyenne, fir dat ze erklären, ass den Educateur gradué oder en Educateur diplômé. Op déi selwecht Zäitruum hunn 257 Persounen an der Carrière inférieure geschafft an dovunner 140 Damen, wat 54,47% ausmécht, an 117 Männer, wat 45,53% ausmaachen.

D'Dammen, an dat ass och e wichtige Constat wat d'Konklusiounen muss herno och mat sech zéien, d'Damme representéieren also d'Majoritéit vun de Salariés manuels op dem Niveau vun den ënneschten Traitement, also vun de Salariés. 61,97% vun de Salariés manuels sinn am Grad 0 agestallt. 91,19% vun de Salariés manuels am Grad 1 a 75,56% vun de Salariés manuels sinn am Grad 2. Do mussen mer also constatéieren, datt do keng gréisser Evoloutioun tëschent 2007 an 2013 stattfonnt hunn, well eng vun de Konklusiounen vun deem Rapport virdu war och schonn do, datt do majoritär d'Damme sech op den ënneschten Traitementsniveaun erëmfonnt hunn.

Och do kuerz am Detail wat déi eenzel Statuten ugeet, wann Dir nach erlaabt. D'Majoritéit vun de Fonctionnaire sinn och an der Carrière inférieure hei agestallt. Ronn 53%. En Drëttel ass an der Carrière moyenne a knapp 13% sinn an der Carrière supérieure engagéiert an do si bal 76% vun de Fonctionnaires an der Carrière supérieure männlechem Geschlecht. An dat ass ganz schlëmm, ganz schlëmm soen ech oder dat ass e ganz desequilibréiert – ech däerf keng Wäerturteeler maachen – et ass ganz desequilibréiert wa mer hei am Haus kucken, d'Attachés administratifs, vu 5 Persounen gehéiere 4 Stéck do dem männlechem Geschlecht un a maachen eng Quote vun 80% aus.

88 Persounen am Fonctionnairesstatut sinn an der Carrière moyenne an do sinn et och eng relativ grouss Majoritéit vu 56,82% déi männlechem Geschlecht sinn. 137 Persounen gehéieren dee Moment der Carrière inférieure vum Fonctionnaire un, an do si 74,45% de Sexe masculin. D'Employés communaux wou déi meescht der Carrière inférieure ugehéieren, nämlech 60,27%, an e Véierel der Carrière moyenne an 13,70% sinn an der Carrière supérieure. Do ass et och esou, dass 60% an der Carrière supérieure männlechem Geschlecht sinn. An der Carrière moyenne sinn d'Männer net esou gutt representéiert wéi d'Dammen, well do si 77,78% weiblechem Geschlecht an an der Carrière inférieure, do komme mer erëm dobäi, an dat huet

dann ebe mat den Traitementen ze dinn déi ech d'ënescht gesot hunn, si knapp 83% vun de Leit déi an der Carrière inférieure sinn, de Sexe féminin.

38,78% vun de Salariés intellectuels gehéieren och der Carrière inférieure un. Da bal 40% der Carrière moyenne a 17,35% sinn do an der Carrière supérieure engagéiert. 34 Persounen schaffen an der Carrière supérieure ënnert deem Statut vun dem Salarié intellectuel an do gesi mer en Equiliber wat de Point de vue genre ugeet, Geschlecht, nämlech bei deene 34 vun de Carrière supérieure si 16 Persounen de Sexe féminin an 18 Persounen de Sexe masculin. Also do hu mer quasi bal den Equiliber erreicht. Och do muss een, wann Dir de Rapport och geliest hutt, do muss een och ëmmer am Hannerkapp behalen, wat do heiansdo den Ausschlag gëtt, dat sinn d'Chargéen aus dem Conservatoire. Déi spillen och eng ganz wichteg Roll an der Personalstruktur an déi mussen, wa mer déi Analyse selon le genre maachen, mussen mer déi am Hannerkapp behalen.

86,81% vun eisen Agents de nettoyage, wat d'Besoine vum Nettoyage Bâtimenten ugeet, si weiblechem Geschlecht. Also ronn 87%.

Nach e kuerz Wuert wat d'Salariés manuels ouni d'Agents de nettoyage ugeet, 83,33% sinn do männleche Geschlechts. A wa mer herno, wann ech wëll virgräifen op eventuell Konklusiounen, wann ee vun atypesche Beruffer schwätzt, et gi jo nëmmen atypesch Beruffer well et och typesch Beruffer ginn. A wann ech déi zwee Prozentsätz hei gesinn, déi zwar relativ och nach vläicht klischeehaft kënnen bedéngt ginn, dann ass dat awer eng Konklusioun déi muss mat an zukünfteg Personaldiskussionen kommen, wann ee seet dass 87% vun den Agents de nettoyage sexe féminin sinn an 83,33% Salarié manuel ouni d'Agents de nettoyage sexe masculin, ech mengen da mussen mer nieft dem Weltfraendag, mussen mer awer och nach méi aktiv gi fir déi zwee Geschlechter zu Beruffer hinzeorientéieren wat een als Profession a-typique nennt. Mä dat hei ass awer e Constat, datt an der Gesellschaft ëmmer nach an deem Kastendenken do och Décisiounen geholl ginn. Ech war wierklech, ech muss lech éierlech soen, ech war wierklech erstaunt wéi ech dat doten déi éischte Kéier hei geliest hunn, well ech ëmmer geduecht hunn, dass wann een awer no 13 Joer Egalité des chances Politik, wou sécherlech schonn éischt Progrès gemaach gi sinn, dass een awer duerch eng konkret Politik natierlech eppes ka verwierklechen, mä dass een awer nach weiderhin un der

Mentalitéit muss schaffen. Well wann ech dat dote géing elo esou einfach an de Raum setzen, déi do zwee Sätz, ech kann lech soen, do kéinten net nëmme Clichéen, mä do géingen och, do kéinten och Witzer driwwer gemaach ginn. Mä et ass eng puer Realitéit.

(Zwëscheruff)

A wouhier seet d'Madame Buergermeeschter, ech kéint mer dat virstellen. Ech kéint mer et virstellen. Mä huet lech dat dote mat am Hannerkapp an déi doten zwee Sätz si mat déi wichtigst, déi doten zwee Prozentsätz si mat déi wichtigst wou mer do mussen an Zukunft den Hiewel upake fir eng besser Personalpolitik do ze maachen.

Loosst mech zum fënnefte Punkt kuerz komme wat d'Repartition an de Secteurs d'activités an och an de Professionellen ugeet. Wat d'Administration centrale ugeet, si mer an enger Situatioun wou den Equiliber quasi hiergestallt ass, mat 53,66% Männer a 46,34% Fraen.

Wat de Kultursecteur ugeet, do si mer och relativ – an elo ass de Kolleg Tonnar leider net heibannen – mä hien huet et jo awer geliest, hien ass frou iwwert déi Nouvelle, dat mer an der Kultur och relativement en equilibrierte Prozentsatz hu mat 53,85% Männer am Kulturdomaine a 46,15% weiblechem Geschlecht. An do hunn ech lech d'ënescht scho gesot gehat, do muss ee virun allem soen, datt am Conservatoire, am Fonctionnairesstatut déi grouss Majoritéit Sexe masculin huet, nämlech 11 vu 16 Professoren sinn do männlechem Geschlecht.

Wat de Secteur Jugend/Kanner ugeet, Enfants/Jeunesse, do ass dat keng Neigkeet an ech hunn et schonn ugedeit, ass natierlech dat weiblecht Geschlecht iwwerrepresentéiert mat knapp 77% vum Personal an deem Secteur d'activité par rapport zum männlechem Personal, wat nëmme mat 23,11% do vertrueden ass.

De Volet Sécurité sociale, do ass, och keng Iwwerraschung, dat weiblecht Geschlecht iwwerrepresentéiert mat 80,49% an deem Secteur vis-à-vis vu mol net 20% vum männlechem Geschlecht.

Kuerz nach dräi aner spezifesch Secteuren. Services industriels fir déi ze huelen. Do ass et och keng Iwwerraschung datt de Personal masculin mat knapp 95% iwwerrepresentéiert ass. Wat de Sport ugeet, do si mer erëm an engem méi equilibrierten Ëmfeld wéi an der Kultur mat knapp 56% Männer a 44% Fraen. D'Travaux municipaux ass och keng Iwwerraschung, datt do d'Personel masculin mat 63% iwwerrepresentéiert ass vis-à-vis vun de Fraen.

Mir sinn also an enger sektorieller Spezialisierung wat d'Geschlecht ugeet an deenen einzelne Secteuren. Mir hunn dat gewise kritt mat Enfants/Jeunesse wou de weiblechen Deel onheemlech iwwerrepresentéiert ass, wéi an der Sécurité sociale a mer hunn op där anerer Sait Service industriel an Travaux municipaux fir déi zwee ze huele wou dann d'männlech Geschlecht och ganz décidéiert iwwerrepresentéiert ass. Et muss een awer feststellen, dass ëmmer méi an deene leschte Joeren, an dat hunn ech ugedeit, ëmmer méi Fraen a Männer op sougenannten atypesch Beruffer agestallt gi sinn an ech wëll lech och soen aus der Dagesaktualitéit, aus dem Dagesgeschehen, mierken ech och, dass ëmmer méi Fraen a Männer sech op atypesch Beruffer mellen. Mir haten elo viru kuerzem Fossoyeuren ausgeschriwwen. Ma do hate mer och weiblech Kandidaturen. A mir haten och schon Dammen déi sech op dee Poste vum Doudegriewer, wat net direkt awer elo, losse mer mol soen, den typesche Beruff fir eng Fra ass, gemellt hunn a mir hunn der och schon do, dat wëll ech awer soen, och do op déi Plazen higesat. Also do ass awer en Èmdenken och, beim Personal selwer, well ech mengen dass och e gewëssene „Courage“ dozou gehéiert, zur Perséinlechkeet, du muss dech selwer awer och kenne fir dee Courage ze hu fir sech op eng atypesch Plaz ze mellen, mä mir wäerten dat op Grond vun där Analys hei awer och nach hausintern stärker fördern, Madame Buergermeeschter, well do muss mer nach méi dru schaf-fen.

E lescht Wuert, an dat ass och eppes ganz Interessantes, well dat sinn och Zuelen déi ech elo déi éischte Kéier gesinn hunn, dat ass iwwer d'Altersstruktur vun eisem Personal. Ech hu mat positiver Iwwerraschung konstatéiert, dass 38,54% vun eisem Personal ënner 40 Joer huet. 73,45% vun eisem Personal huet ënner 50 Joer. Dat ass, ech géif soen, ermudegent. Zu $\frac{3}{4}$ hu mer ganz jonk Personal hei déi eis Tâchen assuméieren a wann een Tâchë seet, da seet een Déngschtleschtung vis-à-vis vum Bierger. An Déngschtleschtung vis-à-vis vum Bierger mussen optimal assuréiert sinn an ech menge mat esou enger Personalstruktur mat där doter Altersstruktur vum Personal, do ass et mer net baang, dass déi Déngschtleschtungen optimal kenne vis-à-vis vum Bierger assuméiert ginn.

Do nach ganz kuerz e puer Bemierkungen. Do ass erauszefannen, dass bis zu 29 Joer, dat heescht, losse mer mol soen déi ganz jonk, fir se esou ze nennen, do

ass och, do sinn d'Dammen och méi staark representéiert wéi d'Männer an et ass dann natierlech net ze erstaunen, dass da bei de manner jonke Classes d'âge d'Männer méi representéiert si wéi d'Fraen.

Do ass virun allem ze bemierken, dass d'Salariés intellectuels, an och do kommen ech erëm op d'Agents socio-éducatifs an de Maisons Relais an an dee ganze Strukturen ze schwätzen, dass déi relativ jonk sinn. Dat ass keng Neiegkeet. Ech mengen, wann Dir hei ëmmer d'Relevée kuckt vun deene Kandidaturen déi do presentéiert ginn, dat si meeschtens Leit déi fäerdeg si mat hirem Studium an déi sech dann do direkt op eng Plaz wëlle mellen. A wann Dir och an eise Structure gesitt, d'Maisons Relais, d'Crêchen, dat ass relativ ganz jonk Personal wat do mat de Kanner zesumme schafft.

Kolleginnen a Kollegen, eng Analys ass ëmmer nëmmen esou gutt wéi déi Konklusiounen déi een draus zitt. Et kann een Analysen an Optrag ginn, mä et ass awer dann un der Politik Konklusiounen ze zéien. Ech perséinlech – an d'Madame Buergermeeschter geet nach mengen ech méi spezifesch op de Volet Egalité des chances an, wat mer do gemaach hunn – ech gesinn an där Analys, an där drëtter Analys hei e ganz positiiv Zeechen, eng ganz positiv Evaluatioun an och Evolutioun vun eiser Egalitéitspolitik déi mer zënter dem Joer 2000 hei an d'Liewe geruff hunn. Et gëtt mer op Grond vun deem Zuelematerial an op Grond vun awer Saachen déi een am Hannerkapp huet, gëtt et mer an Zeechen, dass eis Personalstruktur gutt ass, gutt opgestallt ass. Datt mer, en moyenne, mat 44 Astellung pro Joer, géing ech soen, net iwwerdrifwen hunn, mä Dir wësst och dass d'Gemengen ëmmer méi Laaschte vum Stat an ëmmer méi Aufgabe vum Stat operluecht kritt hunn. Dat ass zwar eng aner Diskussioun, déi muss mer mat der Regierung féieren, mä dass mer laanscht verschidden Astellungen net komme wa mer wëllen den Niveau an den Degré vun deenen Déngschtleschtungen an deenen eenzelne Beräicher vis-à-vis vum Bierger wëllen héich halen, muss mer dat Personal astellen an och halen an hinnen och d'Konditiounen op der Aarbecht deem-entspreechend maachen. Bien être au travail ass eppes ganz Wichtiges. Santé a Sécurité au travail och. Mä ech mengen dass et mer do net baang ass.

Eng lescht Konklusioun, dat hunn ech ugedeit, an dat wëllt ech dann och dee Moment och der Personalkommissioun als Objet ginn, dass ee sech iergendwéi awer Gedanke mécht, fir Mesuren an

d'Liewen ze ruffen, dass déi zwee Geschlechter nach méi encouragéiert ginn, sech op atypesch Beruffer ze mellen an dann och kenne do agestallt ze ginn.

Ech war elo relativ kuerz bei där Presentatioun, ech war esou kuerz wéi mäi Virgänger ëmmer gesot huet, et soll een an de Personalfroe kuerz sinn. Ech hu mech also kuerz gehalen, well ech awer och nach weess dass d'Madame Buergermeeschter wëll déi eng oder aner Saache soen an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Dem Här Codello e ganz grouse Merci fir déi Presentatioun. Ech mengen ech hunn net ze vill versprochen wou ech lech gesot hunn, mat wéi engem Engagement hien awer hannert där Enquête steet. A wann ee méi hannendru kuckt och hannert d'Struktur vum Personal an hannert d'Dossieren, ech denken dann ass dat eng logesch Konklusioun.“

Ech wëll just e puer Ergänzungen zousätzlech maachen. Am Prinzip war et esou wa mer d'Enquête gemaach hunn, mer och direkt duerno de Chancëgläichheetsplang intern vun der Gemeng virgestallt hunn. Et ass dës Kéier esou, dass mer dat méi spéit wäerte maachen, well, wéi ech mengen, awer villen hebbanne misst bekannt sinn, si mer amgang intern beim Personal eng Enquête ze maachen zesummen. Dat leeft iwwer de Ministère d'Egalité des chances an de Gemenge mam Grupp Euroconsulting, iwwer d'Aarbechtszefriddenheet an der Gemeng. Dat heescht, d'Perceptioun vun dem Personal betreffend hir Aarbechtssituatioun, respektiv d'Vereenbarkeet vu Beruff a Famill. Deen ass selbstverständlech anonym. Déi Analys, do kann drun Deel huele wee wëll. Et ass fakultativ. Kann drun Deel huele wee wëll. Et ass nach eng Gemeng wou dat och amgangen ass ze lafen. An aus deene Konklusiounen eraus, wäerte mer dann dee Chancëgläichheetsplang presentéiere mat den neie Fuerderungen; deen alen evaluéieren an deen neie virstellen.

Ech wëllt awer vläicht an enger Saach vun dem lo bestehende Chancëgläichheetsplang op eng Fuerderung agoen déi mer erfëllt hunn, an dofir hutt Dir och verdeelt kritt de Rapport d'activité vun der Crèche d'entreprise. Dat war eng vun den Haaptfuerderunge gewiescht déi mer ëmgesat hunn iwwer de Chancëgläichheetsplang zesumme mat den Delegatiounen, mam Service du personnel a Chancëgläichheetsamt. Dir

wësst, dass mer eben och atypesch Auerzäiten hei op der Gemeng hunn, besonnesch am Beräich vum Nettoyage wou awer och ganz vill Frae schaffen an déi och kleng Kanner hunn. Wat erauskomm ass, obwuel jo am Ufank e bësse Befierchtunge waren, kréie mir déi Crèche iwwerhaupt voll mat de Kanner vun de Leit déi bei eis schaffen, an a wéi engen Alterskategorien, dat gesitt Dir an deem Rapport deen eis wierklech beweist wat fir e grouse Succès a wéi recht mer hate fir op dee Wee ze goen. Déi Crèche ass, wéi gesot, am Juni 2011 oppaangen. Ass vun 05.30 bis owes 20.30 op. Et sinn 49 Chaisën, wéi dat ëmmer nach genannt gëtt, virgesinn, a 57 Kanner sinn ageschriwwen an deenen ënnerschiddleche Plagen. Et waren 2.011 82,81% Plaze besat vun Elteren déi op der Gemeng schaffen an 2013 98,25%, aktuell ass just nach ee Kand an där Crèche, wou d'Elteren net op der Gemeng schaffen. Dat heescht, déi Crèche ass voll, wat jo och e gutt Zeechen ass, datt mer och Bierger bäikréien. Dat ass och e gutt Zeechen, vun 0 bis 2, vun 2 bis 4. Dat Angebot war absolut richtig, et gëtt eis recht, a wann Dir wëllt, kuckt Dir eng Kéier déi lescht Foto, dat ass an der rue Origer. Esou huet dat fréier ausgesinn, déi Librairie. Och e gudder Choix fir no bei der Gemeng dat Haus do ze huelen, ze kafe fir kënnen eng Gemengecrèche ze maachen. Wéi gesot, mir wäerten dorop zeréckkomme wa mer de Chancëgläichheetsplang da virstellen. Den zweete Punkt op deen ech kuerz wëll agoen. Mir sinn amgaangen déi europäesch Charta weider ze iwwerschaffen, wou d'Plans d'action communale iwwer d'Egalité des chances an der Gemeng ëmgesat gëtt. Do ware mer déi éischt Gemeng déi dat ënnerschriwwen hat. Ech kann lech soen, datt mer do enorm vill Critèrë schonn erfëllt hunn. Och dee wäert dëst Joer iwwerschafft ginn. Den Genderbudgeting do wäert e Fortschrittsbericht gemaach gi virum Enn vum Joer an et wäert an de Kader mat eragoe wa mer de Budget participatif och wäerten ugoen. Well do sinn einfach och iwwert den Genderbudgeting schonn eng Rei Viraarbechte gelescht ginn déi mer do wäerte brauchen. Den 8. Mee hëlt d'Escher Gemeng wéi ëmmer um Girls' Day – Boys' Day deel. Ech hu mer dës Kéier och erëm erlaabt, och 4 Jonker bei mech ze huelen, déi mer vläicht iwwert dee Wee encouragéiert kréien, och wat ass Politik. Och mir brauchen alleguerten hannert eis nach Jonker déi Loscht kréien, fir sech even-

tuell politesch ze engagéieren. Mir wäerten e Programm mat hinnen opstellen. A schlussendlech maachen ech e waarmen Appel un lech fir e Méinden den Owend hei an d'Gemeng ze komme wou mir de Fraendag feieren, zesumme mam Chancëgläichheetsamt. Ech wëll lech soen, datt mer iwwer 100 Leit schonn ugemellt hunn. Dat ass enorm vill. E grouse Succès a wieren immens frou wa mer eis do géifen dann e Méinden den Owend um 19.30 hei gesinn a géif domatter dann elo d'Lëscht opmaache fir d'Aschreiwunge fir d'Riednerléscht. Ech géif d'Wuert da ginn dem Här Bernard."

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Wéi ech dee Bericht geliest hunn, do hunn ech mer geduecht, do stécht enorm vill Aarbecht dran an duerfir mäi Kompliment un déi, déi dee Bericht erstallt hunn. Dat gëtt eis Informatiounen, déi ee soss net esou huet, an zwar aktuell Informatiounen och. A mir wëssen dass virun 10 Joer esou en ähnleche Bericht gemaach ginn ass an och viru 6 Joer. Dat ass schonn eng Zäit hir, an duerfir ass déi Bestandsopnam do jo awer och eng wichteg Informatioun fir all politesch Responsablen hei an der Gemeng, fir den Ist-Zoustand méi oder weineger, et ass zwar schonn e Joer Differenz elo, den Ist-Zoustand ze kennen. Och dem Här Codello géif ech gär Merci soen, well hien huet et fäerdeg bruecht an e bësse méi enger kondensierter Form, an enger resümeierter Form, d'Essenzen erauszestrichen an och do ass et da méi einfach nach, fir déi Informatiounen ze ventiléieren a fir driwwer kënnen en âme et conscience et en connaissance de cause haaptsächlech ze schwätzen.

Och wa mer wëssen, wéi aus den Zuelen ervirgeet, dass 48%, also bal d'Halschent vum Gemengepersonal Frae sinn, da gesäit een dach e puer frappant Diskriminierung vun der Fra am Zesummenhang vun der Postebesetzung, kann een dat jo nennen, an der Gemeng. Ech ginn do d'Beispill, dat sief eng prinzipiell Feststellung déi ech do maachen, dass 75,76%, dat heescht méi wéi ¾ vun deenen ieweschte Fonctionnairescarrière vu Männer besat sinn. Dat heescht, do gesäit ee schonn eng „Diskriminierung“ vun de Frae vis-à-vis vun de Männer, well an deene Poste wou d'Responsabilitéit am héchsten ass, hunn d'Fraen am mannste Bedeelegung. An dat ass a mengen Aen net normal. Dat geet souguer bis op 80% erop bei den Attachés administratifs déi och wesentlech Matsproocherecht an Décisionsrecht an der Gemeng hunn. Wéi gesot, 80% sinn do

Männer, och do muss een dann eng Diskriminierung vun eise Fraen a Meedercher feststellen.

D'Ursaach ass natierlech eng sozio politesch an eng ekonomesch. Dat heescht, an der Gesellschaft selwer, an d'Madame Buergermeeschter huet et elo grad ënnerstrach fir e Beispill ze ginn, mir hunn net genuch sozio-educativ Institutionen an Arichtungen nach, fir dass d'Frae kënnen, an d'Männer och natierlech déi déi sech ëm d'Kanner këmmern, kënnen hir Kanner ënnerdaach kréien zu engem raisonnabele Präis. Mir wëssen och, dass Famillje mat engem méi bescheidenen Akommes net ëmmer an der Lag sinn déi Präisser ze bezuelen déi do gefrot ginn, obwuel se hei an der Gemeng Esch dach verhältnisméisseg, an dat sief e Kompliment, sozial sinn.

Wann ech d'Konklusioun vum deem Prinzipielle wat ech do wollt soen, zéien, da géif ech mengen, mir als Gemengerot, de Schäfferot, mir wäre gutt beroden an et ass och ugeklongen, Här Codello, an Ären Ausféierungen, fir där doter Entwécklung déi sech gemaach huet am Laf vun de Joeren, entgéint ze wierken an dofir ze suergen, dass lues a lues, ech weess dass dat e Prozess ass deen Zäit brauch – et ass e Prozess deen Ëmwälzungen am sozio politeschen Ëmfeld fuerdert – fir entgéint ze wierken an dohin ze steieren, dass lues a lues déi Onverhältnisméissegkeet déi ech d'ëinescht festgestallt hunn – wann d'Männer 80% hunn, hunn d'Fraen 20%, ech mengen déi Rechnung ass einfach – fir do entgéint ze steieren an ze versiche Fraen an déi verantwortlech Poste vum Fonctionnariat a vum Attaché administratif eranzekréien. Well ech sinn iwwerzeegt dovunner, déi sinn net manner kompetent. Au contraire, déi si mindestens grad esou kompetent wéi d'Männer a villen Domainer.

Mir wäre gutt beroden, wann och d'Personalkommissioun an d'Cellule de recrutement wéi een dat nennt, wéi Dir richtig gesot hutt, informéiert ginn iwwert deen dote Bericht an och matzéien déi eenzel Verrieder an deene Cellulen an an där Kommissioun matzéien an déi Richtung déi mer wëlle goen, fir eng wierklech Gläichberechtigung vu Mann a Fra, och an den Décisionssetagen erbäizeféieren. Dat wollt ech soen dozou, well ech mengen dat wär d'Haaptessenz vun deenen Analysen, fir mech zumindest, déi gesamt politesch gesinn, relevant sinn. Ech soen lech Merci."

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Bernard. Da wier et un der Madame Hildgen."

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Här Schäffen. Ech gi ganz kuerz hei op dee Rapport a well ech mengen den Här Codello huet deen op eng ganz flott Manéier presentéiert an hien huet d'Quintessenz erausgeholl. Et war en Dossier dee relativ komplizéiert war fir ze liesen, fir ze verdauen, mä wann een en awer am Fong duerchgekuckt huet, huet ee gesinn, datt sech awer schonn eppes gadoen huet hei an der Escher Gemeng, haaptsächlech a Punkto astelle vu méi Dammen. Mir wëssen och allequerten, dass héchstwahrscheinlech fir de Moment d'Situatioun schonn e bësselchen anescht ass, well ech menge mir sinn elo 2014, do si schonn e puer Changementer komm. E grouse Merci awer un déi Leit déi effektiv dat hei ausgeschafft hunn. Mir wëssen datt dat ganz, ganz vill Aarbecht ass, mä wann ee keen esou en Dossier huet, da kann een och net drop schaffen. Et ass jo och en Aarbechsdossier wou een ëmmer erëm soll nei konsultéieren. E gëtt net an den Eck geluecht, well soss wier et vill ze vill schued fir en iwverhaupt gemaach ze hunn.

Ech huele just e puer Saachen eraus, e puer Punkten. Dat ass d'Personnel de nettoyage an do si mer elo nach ëmmer bei 148 Damme par rapport zu 69 Männer. Dat ass zwar enorm. Wann een elo kuckt, dann ass d'Diskrepanz, wann een esou telquel kuckt, reng wat rechneresch ubelaangt, ass relativ grouss. Mä wann een awer kuckt wéi et virdru war bei deem leschte Rapport, ass dat do effektiv e ganz grouse Sprong no vir. Wat mech géif interesséieren, wat eis géif interesséieren, ass effektiv ob déi Hären déi dann dohinner kommen, déi selwecht Formatioun kréie wéi déi Dammen déi dohinner kommen? Dat wier ganz interessant. An ob se och déi Formatioun matmaachen duerno déi nach ugebuede sinn, fir eventuell nach méi performant an hirem Beruff ze ginn?

Da ginn ech ganz kuerz drop a wat hei awer och scho monéiert ginn ass a laang diskutéiert ass, Säit 39. Do steet da Fonctionnaire Carrière supérieure. Do gesi mer datt am Total 8 Damme si par rapport zu 25 Männer. Ech ka mer virstellen, datt déi Kommissioun vum Recrutement ganz gär géif eng Damm astellen, mä ech hunn do nogefrot, et sinn net esou vill Dammen déi sech mellen. Dat heescht, Dir kënnt keng Damm aus engem Hutt zaubere fir ze soen, mir setzen déi elo mordicus op déi Plaz, well et ass keng Damm do. An do hëlleft och a mengen Aen e Girls' Day a Boys' Day net direkt eppes fir do Remedur ze schafen, well d'Mentalitéit vun de Leit déi ass

nach ëmmer esou, an do brauche mer jo nëmmen ze kucken hei, wat d'Sozialberuffer ubelaangen. Do sinn d'Damme bei wäitem vir. Firwat? Et ass eng Questioun schonn, ech géif elo soen, iwver 200te vun de Kanner, fir ze soen, du geess an déi Richtung, well d'Kanner gi jo iergendwéi guidéiert vun hiren Elteren, vun der ganzer Gesellschaft fir e Beruff ze ergräifen dee se e bësselche positiv presentéiert kréien. A fir, ech kommen elo op d'Ingenieuren zrëck, zum Beispill wat d'Ingenieuren ubelaangt, do sinn nach haut, mä dat ass awer europawäit, ech géif soe bal weltwäit, wou guer net vill Leit sech dofir interesséieren. Et ass och a Punkto Mathematiker, et gëtt och gesot, la bosse mathématique, mä et sinn awer och ganz vill Dammen déi ganz gutt sinn an der Mathematik zum Beispill. Et sinn der déi si gutt a Physik a Chimie a fin de compte, wat maache se? Se ginn awer an en anere Beruff era well se mengen dat géif hinnen eventuell méi leien.

Wat ass d'Konklusioun? Ganz einfach, den Developpement ass ganz positiv. Wa mer esou virufere mengen ech, da komme mer iergendwéi, vläicht net op d'Egalitéit, ech menge mir mussen och net mordicus dohinner kommen. Well nach eng Kéier wéi gesot, et kënnt op d'Qualifikatioun u vun deene Leit déi agestallt ginn an et däerf ee sech net nëmme guidéiere loosse, ass et e Mann oder ass et eng Fra, well ech mengen da géife mer schief leien. Well et kënnt jo drop un, net nëmme vir d'Leit anzustellen, datt se sollen agestallt ginn, mä et kënnt drop un, datt déi Leit déi agestallt ginn, datt déi op hire Plaz wou se gesot ginn, datt déi effektiv do hire Maximum ginn an hëlleften datt an eiser Gemeng ganz positiv geschafft gëtt. Op jidde Fall nach eng Kéier Merci. Mir huelen dat ganz kritesch ënner d'Lupp a mir freeën eis elo schonn op deen nächste Rapport dee kënnt. A wa mer dann erëm eng Kéier do gesi wéi e Changement datt komm ass, da géife mir vläicht staunen a wéi eng Richtung datt et geet. Merci.“

Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Madame Hildgen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Huss.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Merci, Här Schäffen. E grouse Merci och dem Här Codello fir déi ganz flott Presentatioun an e ganz grouse Merci dem Service och fir dee ganz detailléierte Rapport, Analys, déi mengen ech och ganz sënnvoll ass. A mat där Analys befanne mer eis jo no 2004 an 2008 an der Kontinuitéit an droen och dem Koalitionsaccord vun 2011 Rechnung. Ech wëll elo net méi an

den Detail goen, meng Virriedner an och den Här Codello hu schonn am Fong quasi alles gesot wat ech och wollt soen. Just vläicht dat heiten. Wann ee sech déi absolut Zuelen ukuckt, zum Beispill beim Nettoyage, bei de Maisons Relais, och den Temps partiel, da gesäit een natierlech, datt déi al Musteren, déi al Rollebiller nach ëmmer present sinn. Ech mengen, do sollte mer eis awer näischt virmaachen. Dat ass näischt, wat mer vun haut op mar einfach mat engem Hiewel ëmgeluecht kréien. Dat ass eppes, wou mer mengen ech mat vill Gedold an Ausdauer nach musse weider schaffen. A wann ee sech dann awer zum Beispill d'Entwécklung ukuckt beim Nettoyage a bei de Salariés manuels, da gesi mer awer, datt mer zwar lues awer trotzdem eis an déi richteg Richtung steieren an datt mer a Punkto Chancëgläichheet och Fortschrëtter maachen a mer sollten, mengen ech, an déi Richtung weider schaffen.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Déi Presentatioun hei ass u sech nëmmen een Exercice vun eise Beméiungen d'Chancëgläichheet innerhalb vun eiser Struktur, vun eisem Personal ze errechen. Mir hunn d'Zuelen iwver déi mer haut kënnen diskutéieren a wichtig ass awer, dass mer eis wierklech awer bewusst sinn, dass dat heiten eigentlech herno eis politesch Ausrichtung soll determinéieren. No der Auswärtung vun den Donnéeën aus dem Questionnaire, wou virdrun erkläert ginn ass, dass dee jo elo dese Mount duerchgefouert gëtt, an eben och mat desen Donnéeë kënnt dann déi nächst Etapp. Dat ass eisen interne Chancëgläichheetsplang dee mer da wäerten, an engem Joer, denken ech, op de Leescht huelen a mat neien Tâchen a Missiounen ausformuléieren.

Eng Partie interessant Elementer si scho virgestallt ginn an dofir wëll ech just e puer Observatiounen eraus picken. Wann een eng, oder soe mer esou, mir mussen eis och bewusst sinn, dass dat hei net nëmme reng Statistike sinn, a wann ee wëll eng ëmfangräich Analys maachen, ass et wichtig och hannert d'Zuele kucken ze goen a virum allem d'Grënn, firwat verschidden Tendenzen do sinn, déi ze detektéieren. Trotz dem Zouwuess u weibliche Mataarbechter, wat duerch aus ze begrëssen ass, ass awer nach ëmmer eng däitlech Spaltung a Fraeberäicher, a Männerdomainer ze gesinn. De Begrëff Segregatioun kann hei gebraucht ginn, horizontal fir déi ënnerschiddlech Beruffer an Tätigkeetsfelder, a vertikal fir déi ënnerschiddlech Hierarchieniveauen ze ëmschreien. Esou sinn déi meescht

Fraen an de méi nidderege Carrièren, wéi de Salariés manuels ze fannen, woubäi d'Agents de nettoyage de gréissten Deel ausmaachen.

Bei de Salariés intellectuels maachen d'Fraen och déi gréisste Grupp aus a sinn haaptsächlech an de Beräicher vun der Aide familiale, Kanner a Jugend a Kultur tätég. An esou stellt ee fest, dass d'Majoritéit vu Fraen a Männer awer nach ëmmer déi fir hiert Geschlecht als typesch consideréiert Beruffer eraussichen. E klassescht Beispill, d'Fra ass Assistante sociale an de Mann ass als Ingénieur technicien agestallt. E weidert Beispill wat och opfalend ass, et ass virdrun ugeklongen, de Secteur vum Service industriel sinn haaptsächlech Männer beschäftegt an ech mengen et si 4 Fraen déi mer do hunn. Déi 4 Frae schaffen am Endeffekt op administrative Posten. Och dat ass erëm e Beispill fir dat klassescht Phenomen.

En anere Fait deen hei an der Analys erfaasst gëtt, ass den Temps partiel, an do géif mech perséinlech mol interesséieren, dat hunn ech nämlech net aus der Etude erausfonnt, mir hu relativ vill Leit déi mi-temps schaffen an do wär et mengen ech interessant ze wëssen, wéi vill Leit déi temps partiel beschäftegt sinn am Endeffekt gär eng ganz Tâche wélten hunn. Dat ass vläicht schwéier dat erauszefannen. Wa mer zum Beispill de Conservatoire huele wou mer wëssen, dass do ganz vill hallef Tâchen ausgeschriwwen ginn, ass et vläicht schwéier do eng Analys ze maachen, dat geet vläicht och ze vill an d'Privatsphär eran, ech weess et net, ob een do ka froen ob eng Persoun déi do beschäftegt ass, nach op enger anerer Plaz géif schaffen. Dat wär vläicht mol interessant ze gesinn, wéi do d'Opdeelung ass.

Wat den Niveau de carrière ubelaangt, esou si mer da bei der vertikaler Segregatioun, do sinn déi männlech Mataarbechter besser representéiert wéi déi weiblech. Och dat Phenomen ass bekannt an zitt sech duerch d'ganz Beruffswelt. Et spillen e puer Facteurs mat. Et ass awer net esou, dass mer hei vun enger Diskriminéierung kënne schwätzen, mä éischer vun engem Desequiliber.

E weidere Punkt, wat och interessant ass hei an der Analys, ass d'Altersstruktur. Nei ass, dass den Undeel vun de Frae bei deene Jonke méi grouss ass. Ech fannen dat eng ganz positiv Entwécklung. D'Tendenz awer bei deene méi eelere Beschäftegten, bei deene Leit ab 60 Joer, do gesi mer awer, dass méi Fraen an deem Grupp sinn an dat erkläert sech sécherlech doduerch, dass well vill vun

hinnen e Beruffsstopp ageluecht haten aus wéi engem Grond och ëmmer, e puer Joer aus dem Beruffsliewen eraus waren oder just mi-temps geschafft hunn, an elo praktesch gezwonge si par rapport zu hire männleche Kollege méi laang am Beruffsliewen dran ze bleiwe fir iwwerhaupt esou mol herno an de Genoss vun hire Pensiounsrechter kënnen ze kommen.

Nun déi eenzel Erkenntnisser déi aus dem Zuelematerial ervirginn, sinn net revolutionär. Villes ass bekannt an awer aus dem ganz einfache Grond well eng Partie Tendenzen nach ëmmer present sinn. Oder anescht formuléiert, déi Analys hei weist ganz kloer, dass mer eng aktiv Chancëgläichheetspolitik brauchen, an dass mer nach muenches ze maachen hunn. Et gi fir eenzel Phenomener ganz einfach Explikatiounen. Ech erënneren, ech mengen et ass e Règlement granducal dee beseet, dass Leit vum Militär déi sech herno op e Gemengeposte mellen, wéi bei den Agents municipaux, dass déi Leit Virrang hunn. Bon, prioritär behandelt ginn, bon dat ass jo da logesch dass mer do vläicht méi Männer wéi Frae fannen. Do ass ganz kloer e politesche Wëllen hannendrun an do hu mer vläicht als Gemeng net onbedéngt eng Handhab.

E Problem an eiser Gesellschaft, dee sécherlech fir eng Rei Observatiounen Explikatiounen ka liwweren, dat sinn, ech mengen et ass virdrun nach vu mengem Virriedner ugeschwat ginn, dat sinn d'Rolleklischeeën déi nach ëmmer fest verankert sinn. D'Andeelung an dat typescht männlech a weiblech bestëmmt vielfach nach ëmmer eist Denken a schränkt Handlungs- an Entfalungsméiglechkeete vun de Meedercher an de Jongen, wéi och vun de Fraen a Männer an. Och wann d'Grenzen tëschent weiblechen a männlechen Zouschreibungen haut méi fléissend si wéi nach virun 30 Joer, esou wile Fraen a Männer nach ëmmer typesch Beruffer aus, déi fir hiert Geschlecht, also typesch Beruffer aus pardon, déi fir hiert Geschlecht typesch sinn, nee, egal. De Saz geet net op. Dir hutt et verstanen.

An dann eng Remarque hunn ech awer nach ze maachen, wat de Projet vum Girls' a Boys' Day ubelaangt. Et ass schued, dass d'Madame Hildgen elo net méi heibannen ass, op alle Fall wollt ech hir awer nach soen, dass ech hir Meinung net deelen. Ech fannen esou Initiative ganz wichteg. Si huet selwer gesot, dass ee Mentalitéit muss changéiert kréien an ech mengen déi kritt een net changéiert, wann een ëmmer nëmme seet, dass sech eppes muss doen a Sonn-

des an d'Mass domatter geet, mä dass ee wierklech muss Initiativen ergräifen, fir eben déi bestudo geschlechtsspezifesch Rollenzouweisungen ze iwwerwannen a strukturell Ongläichheeten ofzebauen an d'Egalitéit vun de Meedercher an de Jongen ze fördern. An deemno sinn ech och frou, dass de Schäfferot déi Projekte grouss schreift an do och aktiv mat mécht.

Als Gemeng kënne mer bedéngt eppes bewierken, mä mir hunn awer eng Handhab a mir als Escher Gemeng huelen och do eis Verantwortung ganz serieus, niewent engem eegestännegen Chancëgläichheetsservice, enger consultativer Kommissioun, hu mir nach eng Partie Projekte fest etabléiert. Den Genderbudgeting ass virdrun ernimmt ginn a Chancëgläichheetcharta an eise Plan interne à l'égalité des chances. Dozou zielt awer och nach, dat ass bis elo nach net ugeklongen, eise Projet Gender for kids, dee sech der Thematik vun de Stereotypen unhëlt. Fir nach eng Kéier kuerz ze erklären, dat ass eng obligatoresch Formatioun déi mer eisem Personal an de Maisons Relais ubidden. An och fir do kloer ze sinn, et geet net drëm, dass wa mer elo Jongen zwéngt mat enger Barbie ze spillen oder d'Meedercher mat engem Auto, mä et geet einfach drëms, d'Kanner ze fördern, hir Interesse serieus ze huelen an doropper opzebauen.

Wéi ufanks gesot hu mer haut een Deel vum Exercice an deen ass wichteg regelmeiséig duerchzuféieren, fir eben esou Erkenntnisser ze erfaassen an dorausser Konklusiounen ze zéien an eisen interne Gläichstellungsplang nei auszeriichten an ebe mat neie Missiounen auszufüllen, fir eisem Zil vun der Chancëgläichheet a Gerechtegkeet méi no ze kommen. D'Stad Esch huet als wichtegen, öffentleche Patron eng Virbildfunktioon mat enger u Gläichstellung vu Fra a Mann orientéiert Personalpolitik. Och wann d'Leit heiansdo mengen d'Gender wier keen Thema fir eng Gemeng oder dës Analys wier net wichteg, esou sinn ech ganz anerer Meinung a si frou, dass mir als Gemeng dësen Dossier serieus huelen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Bofferding, an als ofschéissende Riedner ass den Här Baum ageschriwwen.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Merci och dem Här Codello fir dese wierklech ganz gudden Rapport. Gutt, net nëmme duerch dat opschlossräich Zuelematerial, mä och gutt doduerch, datt verschidde

Konklusiounen ugeklongen oder ugeduecht gi sinn an och verschidde selbstkritesch Remarquë gemaach gi si wat, mengen ech, wichtig ass a wat och weist, datt d'Escher Gemeng an och de Schäfferot de politesche Wëllen huet, Saachen och ze veränneren déi nach ze verännere sinn.

E puer Remarquen dozou. Dat éischt dat ass, ech denken och datt et wichtig ass, datt dat do d'Basis ass fir de Conseil de recrutement fir eng cibléiert Personalpolitik ze bedriewen. Ech mengen awer och, datt een an Zukunft dat heite misst an d'Personalkommissioun huelen an och an der Personalkommissioun misst kënnen diskutéiere fir méiglechst vill Leit Abléck ze ginn an d'Problematik an och kënnen mat méiglechst ville Leit doriwwer oppen ze diskutéieren.

Et ass opgefall oder mir ass zumindest opgefall, datt wéi Dir gesot hutt, 217 Leit sinn an deene leschte 5,5 Joer bäikommt. Dat ass eng Augmentatioun vu ronn 25%, tëschent 25 an 30% vum Personal, an déi selwecht Augmentatioun ass et awer net ginn an deem dote Mooss an der Part wat d'Personalkäschten am Budget bedréit. Dat ass wichtig och mengen ech, fir no baussen ze kommunizéieren, datt déi Personalpolitik déi do gemaach ginn ass, raisonnabel war an de Budget eben net onsënneg belaauscht huet, wéi verschiddener dat awer ëmmer erëm versichen duerzestellen.

Et ginn a ganz ville Beräicher, an Dir hutt se opgezielt, positiv Entwécklungen déi doduerch entstanen sinn, datt mer elo zënter 13 Joer e Service à l'égalité des chances hunn. Et si ganz vill Chantieren ugepaakt ginn, mä et bleiwen der och nach ganz vill op. Een ass dee vun der Deelzäitaarbecht, mengen ech. A sécherlech ass et esou, datt d'Fro vun der Deelzäitaarbecht domatter ze dinn huet, datt eng gesellschaftlech Entwécklung do ass, déi mengen ech, zwou Dimensiounen huet. Dat eent dat ass, datt ëmmer méi Koppelen och gezwonge sinn zu zwee ze schaffen, well et eleng net duerguet. A wéi de Rapport och seet, et ass d'Dimensioun vun engem Complément vu Salaire op deen da Frae meeschtens zeréckkommen. Fraen, well effektiv an Deeler vun der Gesellschaft dat awer nach ëmmer dat tradéiert Bild ass an en tradéiert Bild deem ee misst mat positiven Aktiounen entgéint goen. Op där anerer Säit ass et awer och esou, datt d'Gemeng do en Hiewel hätt. Et sinn nämlech genau an deene Beräicher wou d'Deelzäitaarbecht, wou déi Posten ugebued ginn, wou am meeschte Frae sinn. An d'Fro déi d'Madame Bofferding och zu Recht opgeworf huet, et misst een

awer och iergendwann eng Kéier ugoe fir ze soen, a wéi wäit ass dat wierklech just eng fräiwëlleg Deelzäitaarbecht a wéi wäit ass dat net? Wann een den Degré d'occupation vun 90% huet, datt ee wann een d'Méiglechkeet hätt och géif en aneren Job oder eng voll Tâche unhuelen. Et gétt an där doter Diskussioun och hei an Avis vun der Personalkommissioun vum leschte Méinden, déi jo feststellt, datt notament an de sozio edukative Strukturen en immens grouse Changement do ass, wat net gutt ass fir den Opbau vun deene Strukturen an deen natierlech och domatter ze dinn huet, datt do keng voll Tâchen ugebued ginn an datt meeschtens Fraen déi eng hallef Tâche hunn, frou si fir iwwerhaupt ze schaffen, mä bei der éischer Geleeënheet wou se méi Stonne kënnen schaffen, dat och wouer huelen. An do mengen ech, misst d'Escher Gemeng sech Gedanke maachen. Dat selwecht géllt wat d'Posten ugeet. Dat heescht, wann ee kuckt datt an der Carrière supérieure en iwwerduerchschnëttlechen Undeel u Männer ass, da misst een, mengen ech och, kënnen mat positive Aktiounen an Zukunft iwwert de Recrutement dogéint virgoen.

Dat hei ass, wat mer presentéiert hunn, eng éischt quantitativ Analys déi ganz gutt ass an déi wichtig ass well se d'Basis fir d'Diskussioun leed. Ech begréissen ausdrécklech, datt Dir zu där quantitativer Analys elo eng qualitativ maacht iwwert de Wee vun där Émfro, fir kënnen e seriéuse Chancegläichheetesplang an der Gemeng opzestellen an och an déi Richtung konkret Mesurë kënnen ze proposéieren.

Här Codello, Madame Buergermeeschtesch, ech ënnerstëtze wéi an der Vergaangenheet all déi Mesuren an dee Serieux mat deem de Schäfferot an déi heite Fro erugeet, och wann an der Presentatioun vun esou Dossiere bei verschiddenen eelere Fraktiounen vun der Majoritéit e Raunen duerch d'Reie geet, begréissen ech ausdrécklech an ënnerstëtzen d'Be méiunge vum Schäfferot, fir dat do seriéux unzehuelen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci och dem Här Baum an alle Riednerinnen a Riedner déi haut de Moien zu dësem Dossier Stellung geholl hunn. Ech mengen dat Raune wäert manner haart ginn an Zukunft wa verschidde Mesuren ëmgesat ginn. Et ass scho manner a mir hunn, wéi gesot, e verwennte Matkämpfer kritt an der Persoun vun dem Personalschäffen. Ech wéilt awer dem Här Codello d'Wuert gi fir op déi eenzel Froen nach anzegoen.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Merci. Ech soen och alle Virriedner Merci fir éischstensmol déi positiv Approche zu där Analys an och zu deene verschiddenen Ureegungen déi se gemaach hunn. Ech wéilt op e puer Bemierkunge kuerz agoen. Ech wéilt esou agoen, chronologesch wéi d'Riedner hei dat elo hei geschwat hunn.

Här Bernard, Dir hutt e puermol dat Wuert „Diskriminéierung“ gebraucht am Kontext vun Iwwerrepresentatioun zum Beispill bei de Fonctionnaires. Ech géing net direkt vun enger Diskriminéierung schwätzen. Ech weess net, ob Dir do heibanne waart wéi d'Madame Hildgen geschwat huet, dann äntweren ech och direkt doropper. Mir kënnen natierlech net ëmmer e Mann oder eng Fra aus dem Hutt zauberen op verschiddene Posten. An zemoos soen ech mol, bei den Attachés administratifs, déi 5 déi mer an de leschte 5 Joer hei agehallt hunn, et muss ee sech och eppes bedenken, dat war och eng Nouveautéit fir d'Stad Esch. Mir haten ni Carrière supérieure am administrative Beräich. Déi éischt déi mer hei agehallt hunn, bon dat war Service à l'égalité des chances, ass eng Carrière supérieure komm. Dunn herno sinn Economisten a Juristen hei agehallt ginn an ech muss lech éierlech soen, Här Bernard, dat huet net ëmmer mat enger Diskriminéierung ze dinn, mä heiansdo hutt Dir op verschiddene Posten dat eent Geschlecht wat sech do manner mellt wéi dat anert och vläicht och duerch déi ganz Prozedure wat de Conseil de recrutement ugeet an herno net zréckbehale gétt. Dat huet natierlech seng Ursachen. Verstitt Dir? Mä dofir wéilt ech net direkt vläicht vun Diskriminéierung schwätzen, do muss een och ëmmer au cas pour cas kucken. Mä et ass also e bewossten Desequiliber, deen ass ze constatéieren an dat mécht déi Analys hei jo och kloer.

Ech ginn all Virriedner Recht. An dat hunn ech och gesot, a wann d'Madame Buergermeeschtesch et wëll, da ginn ech perséinlech de Rapport och an d'Personalkommissioun virstellen. Da froen ech do de President fir eng extra Sitzung ze maachen an da maache mer dat esou schnell wéi méiglech, datt déi zwee Gremien op där enger Säit Commission du personnel et à la réforme administrative, well dat Wuert ass nach net gefall, wa mer hei vu Konsequenzen aus dem Rapport schwätzen, da schwätze mer och Réforme administrative. Da mussen och, da ginn Décisiounen och geholl an Zukunft déi wäerten Inzidenzen op d'Servicer hunn an ech ginn och ganz gären de Membre vum Conseil de recrutement, loosse mer mol soen, de feste Stamm-

membere vum Conseil de recrutement, kucke mer, dass mer deenen och déi Analys do ginn, datt si dat och am Hanerapp hunn.

Madame Hildgen, Dir hutt iwver d'Formatioun vum Agent de nettoyage gefrot, geschlechtsspezifesch op déi Männer déi selwecht Formatioun kréie wa se sech op e Posten nenne wéi eng Fra. Dat ass natierlech absolut noutwenneg, datt jiddwereen déi selwecht Formatioun kritt an eng Formatioun op ee Posten déi ass net un e Geschlecht gebonnen, well si musse jo och déi selwecht Aarbecht an déi selwecht Tätigkeiten am Alldag hei assuméieren. An dofir kréie se och oder kréie se a musse se och déi selwecht Formatioun maachen.

Här Huss, Dir hutt vun den ale Musteren, vun ale Rollebillen geschwat. Dat ass, et hätt een et kéinte provokativ als Titel vun engem Abschnitt an där Analys hei maachen. Mir hunn un der Mentalitéit ze schaffen, dat wësse mer alleguerten, mä ech denken, datt do d'Politik deen een Aspekt huet, mä mir mussen awer och innerhalb vun eise Personal dat Rollbild do veränneren, déi Mentalitéit do veränneren, datt do, wéi gesot, och scho bei internen Ausschreibungen dee Courage do ass, fir sech vun deene Rollebillen lass ze léisen a wéi gesot, do hu mer jo awer och scho positiv Usätz a positiv Beispiller ze mellen.

D'Madame Bofferding huet Recht wa si seet, déi Analys hei, an den Här Baum huet dat och gesot, déi Analys ass hei eng Basis. Mir hunn hei elo quantitativ Material op dat mer kënnen opbauen, mä wou mer mussen elo complémentaire zu där Enquête déi leeft, dat zesummen huele fir herno de Chancéglichtheetsplang auszeschaffen, an eben och eng strukturéiert Personalpolitik nach méi affinéiert kënnen ze definéieren.

Wat d'Geschicht Temps partiel ugeet, wat d'Madame Bofferding an den Här Baum ugeschwat hunn, ob do Leit sech op e Posten Temps partiel mellen an ob se vläicht méi wéilte schaffen? Ech kann lech soen, dat ass Partie intégrante vun där Enquête. Do ass e ganz Kapitel an där Enquête wou d'Leit gefrot ginn, zu wéi vill Prozent schafft Dir am Moment op der Gemeng? War dat Äre Wonsch zu 25%, 50%, 75% ze schaffen? Oder wéilt Dir gäre méi schaffen? Also dorausser kréie mer an där Enquête schonn, géing ech soen, ech géing soen noutwenneg Material. An do ginn ech lech Recht, Här Baum, an och der Madame Bofferding, do sinn héchstwahrscheinlech Leit déi sech am Ufank op en hallef Posten hei an der Gemeng freeë fir iwverhaupt mol an der Gemeng ze sinn, an déi herno dann

natierlech och duerch hir gutt Aarbecht kënnen beweisen. Mä ech muss awer soen, mir si constamment mat Augmentations de tâches an och mat Réductions de tâches konfrontéiert. Dir kënnt och eng Kéier de Cas inverse hunn, datt duerch perséinlech Problematiken eng Réduction de tâche fir eng gewëssen Zäit gefrot gëtt, an do si mer awer och ëmmer coulant gewiescht a mir hunn dat ëmmer au cas pour cas och ëmmer gekuckt. Do muss een d'Dossieren och ëmmer kucken, zemoos wann et ëm perséinlech Problemer geet, dass een do awer coulant ass. Mä ech denken, datt mer doduerch d'Enquête ganz wichteg Zuelematerial kréien.

Dir hutt och vun der Volonté politique geschwat fir Changementer unzegoen. Ech mengen et huet jo kee Wäert eise Servicer hei esou laangwierig Aarbechten an Optrag ze ginn. Wa mer esou Analysen erstellen, dann ass et eisen Optrag, et ass scho bal eis Verantwortung dann déi politesch Konklusiounen ze zéien. Mir hunn ëmmer gewollt, also déi viregt Schäfferéit an och deen aktuelen, esou vill wéi méiglech Leit déi implizéiert sinn domatter ze befaassen. Dozou zielt de Gemengerot, dozou zielt d'Personalkommissioun, d'Egalité des chances Kommissioun. Firwat net och dann déi Kommissioun ginn an deene Secteuren déi ech opgezielt hunn, déi spezifesch méi weiblecht Personal hunn, déi spezifesch méi männlecht Personal hunn, fir och do mol en Avis ze kréien. Dat ass eng Idee déi mer gären ophuelen.

Dëst gesot, Madame Buergermeeschtesch, soen ech de Virriedner nach eng Kéier Merci an ech invitéiere se dann natierlech och mat un de Konklusiounen ze schaffen."

5. Zone industrielle „Um Monkeler“: autorisation d'ester en justice à l'encontre de l'autorisation d'établissement délivrée pour la fabrique d'asphalte; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Kolleginnen a Kollegen, mir géifen dann zum nächste Punkt op der Dagesuerdnung kommen. Dat ass d'Demande fir d'ester en justice betreffend den Dossier „Um Monkeler“, soen ech elo einfach. Dir wësst, Dir sidd all am Bild a waart och majoritär op där Informationsversammlung gewiescht déi vum Ministère de l'Environnement, an ech betounen, vun hinnen organiséiert gi war hei zu Esch an der Gemeng a wou Bierger an natierlech Politiker vun

den dräi Gemengen och uwiesend waren. Et ass esou, datt mer als lescht Gemeng dann elo, well mer elo rëischt Gemengerot hunn, hei de Gemengerot froen, fir d'Autorisation ze kréie fir kënnen viru Geriicht ze goen an dat betreffend de Recours en annulation virum Tribunal administratif.

Déi dräi Gemengeréit hu sech viru 14 Deeg zesumme getraff, wou se déi doten Décisioun geholl hunn an hire jeeeweilege Gemengeréit wéi se elo waren, viru 14 Deeg war et Monnerech, virun enger Woch Schëffleng an haut dann eise Gemengerot, informéiert, datt mer wéilten alles maache wat mer menge wat an deem Dossier sollt gemaach ginn. D'Haaptargument ass jo dat, dass den autoriséierte Projet en aneren ass wéi deen dee vun de Gemengen aviséiert ginn ass. A mir wäerten eis nächste Méinden erëm zesumme gesinn, déi dräi Schäfferéit, mat dann den Informatiounen déi och vun de jeeeweilegen Affekote vun de Gemengen déi um Dossier elo schaffen, mat deenen Informatiounen fir dann dee Recours kënnen ze maachen. An dofir brauche mer natierlech hei d'Autorisation vun lech.

Ech weess, an dat ass och verständlech, datt och hei am Gemengerot d'Emotiounen héich si betreffend dee Projet. Dat ass idem fir eis alleguerten. Ech wéilt awer eng Demande un lech richten, vu que datt mer an enger lafender Prozedur sinn a wou och e Kommodo elo amgaangen ass, wéilt ech e grossen Appel un lech maachen, déi dräi Schäfferéit ënnerstëtzen dat, soss géife mer net Recours wëlle maachen. Mir hunn dat eescht geholl wat mer engersäits vun der Biergerinitiative, soen ech elo mol, déi sech gegrënnt huet ronderëm dee Projet, mir hunn déi Argumenter alleguerten eescht geholl a mir sinn och am Austausch mat hinnen. Mir hunn ënner eis gekuckt wéi den Dossier ausgesäit, wat mer virgeluecht kritt hunn, den Arrêté. Dir hutt alles an Ärem Dossier wat mer kritt hu vun dem Ministère de l'Environnement, sinn trotzdem als dräi Gemengen der Meenung, datt et awer méiglech ass a mer genuch hu fir kënnen e Recours en annulation elo mol ze maachen. Wéi gesot, et ass kloer datt dee Projet do d'Emotiounen héich goe léist. Absolut verständlech.

Ech wéilt informéieren, datt mer gëschter als Gemeng, virgëschter als Gemeng de Chantier zougemaach hunn, arrétéiert hunn, well Aarbechten ugefaangen hunn, déi keng Autorisation hate vun eis. Mir hunn den Ëmweltministère doriwwer informéiert an alleguerten déi natierlech déi mussen informéiert ginn,

wéi d'Distriktskommissär an alleguerten déi noutwenneg Instanzen. Mir waarden op eng Äntwert elo och vun der Administration de l'Environnement. Wéi gesot et ass zou. D'Fermeture hänkt um Chantier. Mir hunn an deem Sënn keng Autorisation bis elo ginn, well mer gesot hunn, mir wëllen iwwert den Dossier a Rou schwätzen, all Informatiounen hunn déi eis och bis elo feelen an dofir ass och gëschter eben deen Arrêté oder déi Fermeture beschloss ginn.

Mir froen elo hei d'Autorisation fir kënnen da viru Geriicht ze goen. Wéi gesot e Méindeg mat den dräi Schänneréit zesummen dann de Wee wéi mer elo virginn. Et ass awer kloer, datt mer dat wäerte maachen. Dat ass kloer. A wäerten dann, wa mer dës Autorisation vun lech och kréien, wäerte mer lech selbstverständlech iwwert alles um Lafenden halen, wat an deem Dossier passéiert. Ech wéilt natierlech froen, ob een eppes wëll dozou soen awer wéi gesot, mam Hannergedanken, denkt dru mir sinn an enger lafender Prozedur a maachen alles wat mer och matgedeelt kritt hunn an an eisen Iwwerleeungen och richtig ass.

Madame Bofferding, den Här Baum, den Här Bernard, den Här Mischo, den Här Zwally an den Här Huss an den Här Hansen.

D'Madame Bofferding wann ech gelift.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Wa bei engem Projet déi gesetzlech a reglementéiert Virschreften agehale goufen, esou heescht dat awer net zwangsleefeg, dass een dee Projet muss gutt fannen. Wann e Politiker, an deem Fall e Staatssekretär, bereet ass mat de Biergerinnen a Bierger an Dialog ze trieden, esou ass een och net herno gezwongen déi Meinung vum Ministère gutt ze fannen. Wann awer Awunnerinnen an Awunner aus eiser Gemeng e Problem mat engem Projet hunn a sech mobiliséieren, da si mir als Gemengeréit gefuerdert. Mir sätze just heibanne well d'Escherinnen an d'Escher dat esou decidéiert hunn, dass mer se solle verrieden. A fir eis als Sozialisten ass et kloer, dass si net nëmmen eng Stellungnam zum Projet vun eis wëllen héieren, mä eis konkret ëm Hëllef froen. Mir hunn hei eng Verantwortung ze iwwerhuele vis-à-vis vun eise Biergerinnen a Bierger a loossen et dohier och net gëllen, dass eis eng gewësse Feigheet ënnerstallt gëtt wéi et a muenchen Zeitungsartikele geschriwwen ginn ass. Fir eis stellt sech net d'Fro, ob mir eng populär oder onpopulär Entscheidung mussen treffen. D'Escher LSAP-Fraktioun mat hirer Sektioon stellt sech hannert d'Biergerinnen an d'Bierger, well mir versti si

absolut an hirer Argumentation an dozou jo och schonn den negativen Avis vum Schännerot aus dem leschte Joer vum August. Feig allerdeings wier et, wa mer eis hannert de Schloss vum Ministère géinge verstoppen a géinge maache wéi wann eis d'Hänn gebonne wäeren an net alles a Bewegung setzen, fir dese Projet awer nach ausgebremst ze kréien.

Et maach richtig sinn, dass mer Asphalt brauchen a gutt Stroosse brauche fir drop ze fueren, an awer heescht dat net onbedéngt, dass déi Fabrik hei muss um Monkeler opgeriicht ginn. Sécher mécht d'Ennerbréngung an enger Zone industrielle Sënn an awer muss dat net op d'Käschte vun den Awunnerinnen an Awunner goen. Op déi eenzel Konsequenzen déi aus der geplangter Nidderloossung entstinn, déi souwuel am Avis vum Schännerot wéi och vun den Initiateuren vun der Petitioun formuléiert gi sinn, ob déi wëll ech elo net agoen.

Ech wëll awer nach een Argument ervirhiewen, dat mir als Sozialisten net gëlle loossen an zwar de Leit virzwerfen, dass si do wunnen, dass dat hire Choix war a vun Ufank u gewosst hätten op wat si sech do géifen aloossen. Et ass richtig, d'Leit hunn dës Décision geholl wou se sech do am Eck niddergelooss hunn, fir eben do ze wunne mat de Konsequenzen déi se kennen. An awer kann een net ignoréieren, dass um Monkeler d'Zone industrielle sech enorm vergréissert huet an domatter fir vill Awunnerinnen an Awunner onerträglech ginn ass a se esou an hire Liewenskonditiounen ageschränkt ginn. Fir mat deem Argument d'Nidderloossung vun der Asphaltfabrik ze rechtfäerdigen, ass d'Realitéit verkannt an de Leit riicht eraus gesot, bewusst eng op de Bak ginn. Mir als sozialistesche Fraktioun loossen eis Lallenger Matbiergerinnen a Matbierger net eleng do stoen a fuerderen dofir och de Schännerot op, respektiv ënnerstutzen en an der Beméiung virun d'Verwaltungsgeriicht a Berufung ze goen. Mir wëssen net, ob mer herno gewannen, ob mer virukommen, mä wéi de Bertolt Brecht et schonn esou treffend gesot huet, „wee kämpft, ka verléieren, a ween net kämpft, huet scho verluer“. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Genau esou gesi mer et och, Madame Bofferding. Et wier dann um Här Baum an den Här Hansen dann duerno.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech denken, datt déi Fro vum Monkeler an der leschter Vergaangenheet, an de leschte

Wochen a Méint fir ganz vill Opreegung gesuergt huet. An ech mengen datt déi Fro eng ass déi net nëmmen d'Gemengen Esch, Schëffleng a Monnerech betrëfft, mä déi insgesamt eng Fro ass, wéi wëlle mer hei zu Lëtzebuerg eist Land organiséieren a wéi soll dat kënnen demokratesch iwwert d'Bühn goen. Ech mengen datt deen Dossier dräi Voleten huet. Et gëtt e juristesche Volet, iwwer dee mer elo hei formal am Fong ofstëmmen. Et gëtt e politesche Volet an et gëtt e fundamental demokrateschen.

Zum juristesche Volet, well en a mengen Aen och mat deem einfachsten ass, ënnerstetze mer als Lénk de Recours en annulation virum Tribunal administratif deen den Escher Schännerot zesumme mat den Nopeschgemeenge wëll maachen. An eisen Aen, dräi Grënn. Dat éischt ass, dee Projet entsprécht einfach net dem PAG vun der Stad Esch. Och wann et doriwier divergéierend Interpretatiounen gëtt. Fir eis ass ganz kloer, en entsprécht deem net. Dat heescht, en entsprécht net deem Planungsinstrument wat d'Escher Gemeng sech an der Vergaangenheet ginn huet fir seng Stadentwécklung kënnen ze maachen. Zweetens ass an deem Arrêté dee geholl ginn ass, zum Schluss an engem vun de Considéranten, steet dran, datt et op deem Site elo kierzlech am Januar, Kontaminatiounen festgestallt gi sinn an et steet da kleng, ganz lapidar do, datt eng Sociéitéit beoptragt ginn ass, oder eng Sociéitéit Mersurë proposéiert fir dat ze securiséieren. Domatter ass an eisen Aen d'Commodo/Incommodo Prozedur annulléiert, de facto, well dat hätt missten Integralen dovunner sinn. Den drëtten Grond ass, et ass gebaut ginn um Site, wéi Dir et och duergeluecht hutt, Madame Buergermeeschtesch, ouni Autorisation. D'Autorisation ass awer en integralen Deel och vun deem heiten Arrêté. Wann also gebaut ginn ass ouni Autorisation, dann ass deen heiten Arrêté an eisen Aen null an nichtig.

An et ass illegal. An d'Illegalitéit vun där Virgoensaart a Weis déi huet eng ganz grouss politesch Dimensioun. Deen Terrain deen déi Firma do gepacht huet, deen Terrain dee gehéiert nämlech dem Stat. Dat heescht, de Stat, méi genau den Economiesministère, huet zu engem Zäitpunkt wou dee Betrib weder eng Baugenehmung hat, nach iwwerhaupt kloer war, ob se jeemools géifen eng Betriebsgenehmung kréien, ass deen Terrain vum Economiesministère un déi Firma verpacht ginn. An do muss en awer e puer Remarquen dozou maachen. Ech gi jo awer dovunner aus, datt den Economiesministère, wann en Terrainen

u Betriber erausgëtt, eng Strategie huet. Eng ökonomesch Entwécklungsperspektiv. Wann dat esou ass, da verstinn ech net, firwat de Ministère dat an deem heite Fall gemaach huet, well esou vill onkloer war a virun allem onkloer ass a wéi mer och wëssen, dass keng Aarbechtsplazen do wäerten nei crééiert ginn, oder kaum Aarbechtsplaze wäerte crééiert ginn. An dat verstinn ech net, firwat de Ministère de l'Economie esou dohinner gaangen ass. A mir hunn och an der Chamber d'Ëmweltkommissioun als Lénk zesumme geruff an den zoustännegne Minister vun der Ëmweltkommissioun, dem Här Gira, ënner anerem déi dote Fro gestallt. An d'Äntwert war net zefriddestellend. D'Äntwert vum Här Gira war déi, dass mer eben an enger fräier Maartwirtschaft liewen an dass wann een eng Demande huet un en aneren an déi zwee gi sech eens, dann entsteet do eben e Pachtvertrag, an dat ass esou an der fräier Maartwirtschaft. Dat ass awer ellen onzefriddestellend, well domat kënne mer all Form vu Landesplanung an Zukunft vergiessen. Dat ass ellen onzefriddestellend! Dëst ausgerechent vun engem Grénge Staatssekretär ze héieren, dat ass ellen, elle verwonnerlech. Madame Buergermeeschtesch, ech mengen déi Landesplanung déi am Fong misst stattfannen, mat där sinn d'Gemenge ganz konkret konfrontéiert andeems se nämlech amgang sinn hir PAGen ze entwéckelen a weider ze entwéckelen. Et ass awer elo nach ëmmer esou, dass d'Plans sectoriels net virleien. Wéi kann een als Gemeng eng serieux Stadentwécklung maachen, wann een net doriwwer informéiert ass wat déi grouss Leitlinne si vun der Landesplanung? Et ass mengen ech simplement net méiglech. An do si mer dann och bái där Fro déi opgeworf ginn ass. Bei wíem läit dann dee gréissten Deel vun der Responsabilitéit dass déi Situatioun esou verfuert ass? A mengen Aen eendeiteg op de Säite vum Stat a vun de Ministère déi zënter Joeren, bal Jorzéngten amgang sinn oder versprechen ëmmer erëm déi Plans sectoriels offen ze leeën. Et awer net maachen an déi dann an enger Äntwert op eng, et war keng parlamentaresch Ufro, mä dann op eng Äntwert, op eng Demande vun enger Petitiounskommissioun, eng Petitioun déi vun Escher Biergerinnen a Bierger ënnerschriwwen ginn ass, wou d'Madame Dieschbourg dann doropper äntwert an d'Schëfflenger Gemeng quasi niewelaanscht informéiert, dass ee Grond firwat dass dee Plang dee bestanen huet, fir eng Zuchlinn Esch-Lëtzebuerg ze maachen, dass déi souwisou net wäert an deem

neie Plan sectoriel zréckbehale ginn. Esou kann ee mengen ech, net mat Gemengen ëmgoen an ech mengen, dass dat all Entwécklung vu Stied onméiglech mécht. Ech mengen, dass et e ganz groussen demokratesche Problem gëtt dee sech op deem Fall Monkeler weist. Commodo/Incommodo Prozedure verlafen, mengen ech, net transparent genuch an d'Bierger an hir Awänn ginn net serieux genuch behandelt. Wann et esou ass, dass selwer den Arrêté ministériel opzielt, dass et insgesamt 190 individuell mëndlech a schrëftlech recevabel Reklamatiounen gi sinn, zu Esch 115, zu Schëffleng 67 an zu Monneresch 8, an déi sech op 50, op exakt 50 inhaltlech Punkten ausdeen, déi alleguer opgezielt ginn, an et stellt een da fest, dass an der Begrënnung vum Arrêté awer just op en Deel vun deenen inhaltleche Punkten agaange gëtt, dann ass dat d'Bierger an hir Bedenken a mengen Aen net serieux geholl. An d'Commodo/Incommodo Prozedur leeft d'Gefor dann zur Farce ze ginn. Déi kollektiv Petitioun, déi vun iwwer 1.000 Biergerinnen a Bierger ënnerschriwwen ginn ass, huet 9 inhaltlech Kritikpunkten opgezielt. Vun deenen 9 hu se just op 2 Kritikpunkten eng serieux Äntwert kritt. Op déi aner net.

Et ginn, an dat ass mengen ech och e ganz grouse Problem an der demokratescher Prozedur wéi hei virgaangen ass. All concernéiert Gemengen, an eng onheemlech grouss Zuel vun Awunner hunn hir Bedenken an hir Widerstänn manifestéiert. D'Gemengen hunn alleguer mat Begrënnungen déi novollzéibar sinn, negativ Avisen ofginn. Wann trotz aller Kritik, déi inhaltlech berechtigt ass, nawell un deem Projet festgehalen gëtt, da muss een awer soen, dass dat e Politikum ass deen een esou net einfach kann hinuelen. Den Här Gira verdeedegt sech domatter, dass hie seet, mä ech hunn iwwerhaupt keng Handhab, ech applizéieren, ech exekutéieren just d'Gesetz. Do si mer dann awer um Nullpunkt vun der Politik ukomm. Well wann dat dat ass, da brauche mer net wíelen ze goen. Dann hätte mer och den 20. Oktober keng nei Regierung misste wíelen goen, wann dat déi eenzeg Haltung ass, dass ee Politik vun der CSV an d'Gesetz vun der CSV einfach nëmmen 1:1 applizéiert a weider fiert. Mä de politesche Wille misst bestoen, fir wann een eppes ännere wíllt, fir dat ze maachen. A wa mir hei grad e Recours en annulation froen, dann ass et, well mir mengen als Escher Gemeng dass et nach genuch Grënn gëtt fir deen dote Projet net esou duerchzéien. A genuch Handhabe gëtt déi och e Ministère misst hunn.

An de Fro mengen ech muss een, et dierf een d'Dimensioun net vergiessen, dass déi Asphaltfabrik jo verschidden Aspekter huet. Et gëtt sécherlech den ökologeschen Aspekt deen oft opgezielt gëtt. Et gëtt de sozialen Aspekt vu Création d'emploi déi net oder net genuch do stattfënnt an et gëtt natierlech och den ökonomeschen Aspekt andeem een nämlech freet, ass et opportun. D'Fro vun der Opportunitéit ass an deem heite Fall ni gekläert ginn.

An deene leschte Woche si vill Stëmmen héich ginn, huet ee Villes misste liesen, wat ech perséinlech eng Zoumuddung fannen, souwuel fir d'Elue vun der Escher wéi awer och fir d'Escher selwer. Wann ech virun zwou Wochen en Artikel hu misste liesen am Tageblatt, en Text dee strotzt vun engem onheemlech ermiddegenden, pubertäre Fortschrëttglawen op der enger Säit an op där anerer Säit engem alterssenile Kulturpessimismus, an ech schwätzen an deem Fall vum Artikel vum Här Goebels, do muss een dann awer soen, dass do schléit dem Faass de Buedem aus. D'Escher an d'Escher Gemeng, deenen Industrieindlechkeet virzegeheien, dass ass eng Frechheet. Dat ass einfach net éierlech. Well et muss ee soen, dass souwuel déi Leit déi déi dote Petitioun mat ënnerschriwwen hunn, sinn deelweis déi selwecht Leit déi annerhallet Joer virdru manifestéiert hunn, fir dass Arbed Schëffleng net zou geet, well do 300 Aarbechtsplazen um Spill sinn. Et sinn deelweis déi selwecht Leit. A wann hei géint dee Projet argumentéiert gëtt, dann ass et net ass enger Nimbyslogik, mä well et gutt Grënn gëtt, dogéint virzegoen.

Madame Buergermeeschter, elo gëtt gesot, an dat ass dann elo Pingpong-Spill vum Här Gira, an da mat deelweis der Ënnerstützung wéi ech gëscher geliest hunn oder hu misste liese vum Mouvement Ecologique, dass do gesot gëtt, mä d'Gemengen hunn am Fong vill méi eng grouss Responsabilitéit wéi si sech selwer elo ëmmer nëmmen als Affer duerstellen. Ech mengen, dass d'Gemeng zwou Responsabilitéiten effektiv huet, deene se net genuch nokomm ass. Et ass effektiv esou, dass déi Zone d'activité um Monkeler, dass et zënter 2012, also zënter annerhallwem Joer muss een awer och soen, zënter annerhallwem Joer, Oplage ginn, dass ee fir déi ganz Zone hätt missten e Commodo/Incommodo maachen. Dat stëmmt. Dat ass e Feeler dass dat net geschitt ass. Et ass awer net d'Schold un där Situatioun wou mer elo sinn, mengen ech. Dat zweet dat ass, dass gesot gëtt, an doriwwer kann een diskutéieren, well dat en Argument ass, et hätt missten

eng Verkéiersimpaktanalys vun der Gemeng gemaach ginn. Aha, bon, do kann een driwwer diskutéieren. Wou een awer net méi driwwer diskutéiere kann, ass wat d'Positioun vum Minister ass an och vum Mouvement Ecologique déi ech net deelen, dat ass, datt et d'Responsabilitéit vun der Escher Gemeng wier fir Analysen ze maache wat d'Loftbe-
laaschtung ugeet, wat de Kaméidi géif ugoen. Dat stëmmt net. Wéi kann d'Escher Gemeng Analyse maachen an engem Beräich wou si iwwerhaapt keng Geneemegungskompetenz huet. Well d'Geneemegungskompetenz läit eleng beim Minister. Duerfir ass et net richtig dat der Gemeng zou ze schupsen.

Et ass och net richtig, an ech maache mech awer elo net hei zum Affekot vum Schäfferot, mä wann de Mouvement Ecologique insinuéiert datt déi ganz Stadentwécklung am Pudel, datt déi am Fong net hätt dierfe stattfannen. Da muss een awer soen, ma dann hale mer hei zu Esch op. Dann däerf Belval net entstoen. Well do niewendru gëtt et och eng Industrie. Dann hale mer op mat Stadentwécklung. Da maache mer d'Nonnewisen nach fäerdeg an dann ass et eriwwer. Sou, ech mengen datt dat keng sérieux Haltung ka sinn.

Och ass et falsch fir ze soen, wat ëmmer erëm komm ass, jo, déi Leit déi dohinner gaange sinn, si wosste jo datt dat eng Industriezone ass. Do ass et d'Zementswierk ginn. Jo, d'Zementswierk ass et ginn an d'Zementswierk huet ganz genau Oplagen a vun deene ville Protester déi komm sinn, vun deene berechtigte Protester vun de Leit hunn ech keng Stëmmen héieren déi sech iwwer d'Zementswierk opgereegt hunn. Mä et ass esou, datt sech déi Situatioun zënter 2006 dérapéiert ass an datt d'Verkéisersituatioun dérapéiert ass. Datt Betriber sech do ugesidelt hunn déi iwwerhaapt keng Betribsgeneemegung hunn. Och do muss ee froen, weem seng Responsabilitéit ass dat dann? Ass dat wierklech d'Escher Gemeng? D'Escher Gemeng verdeelt dach keng Betribsgeneemegungen. (Zwëscheruff)

Jo, awer net Geneemegungen déi an deen dote Beräich erafalen.

De Problem um Monkeler ass e Gesamtproblem. E Problem vun der Aart a Weis wéi eis Stad sech weider entwéckelt a wat een egal wéi an eng egal wéi enger Optioun muss sech dofir duerchsetzen, dat ass, datt eng Stéchstrooss kënn vum där Zone d'activité – et ass jo keng Industriezone, et ass eng Zone d'activité – datt eng Stéchstrooss kënn, entweder op d'A4 oder op d'A13, dat heescht datt d'Verkéisersituatioun direkt berouegt

gëtt. Och do läit awer de Ball beim Ministère an et wier hinnen, mengen ech, wierklech unzeroden dat direkt unzegoen. 400.000 € fir eng sënnslos Ampelanlag ze spueren an déi Suen ze huele fir direkt a konkret kënnen eng Léi-
sung, zumindest fir de Verkéisersproblem ze ginn.

Madame Buergermeeschtesch, ech war jo net op där Reunioun do derbäi, well ech am Ausland verhënnert war, mä ech hu mer awer intensiv de Livestream ugekuckt vun där Reunioun a mir huet bei där Reunioun natierlech net gefall, datt de Minister oder de Staatssekretär komm ass an d'Leit viru vollendet Tatsaache gestallt huet. D'Leit gi just informéiert, se ginn tout au plus consultéiert, mä se ginn net an den demokratesche Prozess wierklech mat agebonnen. Dat ass ee Volet vun deem wat mech gestéiert huet. Wat mech awer och gestéiert huet, dat ass déi Fro déi de Staatssekretär iergendwann eng Kéier lapidar opgeworf huet, wou hien eis am Fong allen 19 gefrot huet, wéi mir dann hei géifen zu Esch Gemengerot halen? E ben, ech mengen datt mer hei zu Esch Gemengerot halen esou wéi mer dat ëmmer gemaach hunn, nämlech am géigesäitege Respekt, ee virun deem aneren, an am Anhale vu Spillregelen déi, mengen ech, de Minister selwer net agehalen huet an dee Respekt net gewisen huet par rapport zu deene Leit déi hei hir berechtigt Doleancé virbruecht hunn.

Madame Buergermeeschtesch, dëst gesot, ënnerstëtze mir als Lénk dee Recours deen Dir wëllt maachen a mir sinn och ganz optimistes, datt e wäert ugeholl gi vum Geriicht. An ech mengen, datt et nieft deem juristesche Volet, deem politesche Volet wou mir als Parteien, als Gemengerot musse Positioun huelen, datt vun hei awer och nach soll en anere Message erausgoen an d'Escher Leit, an d'Lallenger déi an där Biergerinitiativ dra sinn. Et ass just den demokrateschen Drock vun deene Leit déi et fäerdeg bruecht hunn, datt dee Projet bis elo zwee mol verworf ginn ass, an datt mer elo esou doriwwer schwätze wéi mer dat maachen, datt mer eng politesch, hoffentlech, Unanimitéit hei am Gemengerot fannen. An ech wëll déi Leit just encouragéieren, deen demokrateschen Drock weider ze féieren, well et ginn an der rezenter Geschicht vu Lëtzebuerg eng ganz Rëtsch Beispiller vun Aktivitéitszonen déi autoriséiert gi sinn, oder verschidden Aktivitéiten déi schonn autoriséiert waren, an déi duerch den Drock vun de Leit verhënnert konnte ginn. Ech denken do just un Heebicht. An ech géif och dem Här Gira dat mat op de Wee ginn ...

(Zwëscheruff)

Jo, den Här Goebbels dee geet elo a seng Pensioun. Dem Här Gira wëilt ech dat hei mat op de Wee ginn, hie soll vu sengem héije Pærd erofklammen an op d'Leit déi betraff sinn, lauschteren. Well soss kann et ganz schief ausgoen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci, Här Baum. Et wier um Här Hansen an duerno um Här Bernard.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Dat gëtt haut e bësse méi schwéier fir mech ze schwätzen, well wéi Dir héiert, hunn ech net vill Stëmm.“

Paul Weidig (LSAP): „Gott sei Dank!“ (Gelaachs)

Mike Hansen (LSAP): „Den Dossier Monkeler ass sécher en Dossier dee vill Leit interesséiert. Net nëmmen d'Lallenger mä all Escher, d'Schëfflenger an d'Monnerecher an duerfir sinn haut vill Aen an Oueren an eis geriicht wéi mir eis haut entscheeden. An deem Dossier huet sech och spannenderweis ee Biekerecher an e Stater zu Wuert gemellt. Dem éischte si mir jo och ganz besonnesch dankbar, datt hie vum 15. Stack aus sengem Stater Tiernchen erofgeklommen ass, fir op réimesch Aart a Weis säi Wëssen ze vermëttelen an déi gallech Minetter ze bekéieren. Den zweeten huet sech och kuerz drop aus senger hallwer Pensioun gemellt, fir dann dem couragéierte Staatssekretär ze applaudéieren, dee jo am Géigesaz zu zwee anere Ministere sech getraut huet op Esch bei d'Gallier ze kommen. Virop, als jonken a vläicht nach naive Gemengerotsmember, fannen ech et awer e ganz staarkt Stéck wann ee vu Feigheet vu ville Politiker vun aller Couleur schwätzt, well se anscheinend léiwier an Deckung gi wéi onpopulär Décisiounen ze huelen. Mä d'Fro ass just, wie geet an d'Deckung? Deejeinegen dee permanent virun der Industrie kuscht a gekuscht huet oder déijeineg déi sech géint esou eppes wieren? Dëst kënn vum enger Persoun, déi no eegener Aschätzung couragéis Monsanto ënnerstëtzt huet oder d'lescht nach Fracking hei zu Lëtzebuerg wollt promouvieren, eng Method wou souguer den Exxon-Chef Tillerson dee vill Geld domatter verdéngt, klot datt niewent senger Ranch duerch Fracking Schiefegas gefuerdert gëtt. Esou vill zu senger Nimbytheorie. Eis lëtzebuergesch Versioun vum Don Quichotte kämpft an den Zeitungen

nëmmen heldenhaft mat senger zynescher Lanz géint en angeblechen IKEA-Syndrom, mat senger neier, couragéierter rietser Hand, dem Sancho Gira.

Léif Kolleginnen, léif Kollegen, an enger Demokratie als demokratesch gewielte Representant vum Bierger ass et eis verdammte Flicht déi ze ënnerstëtzen an déi ze representéieren déi eis gewielt hunn. An dann den Elus locaux Courage ze rode wa se Aarbecht maachen, wa se grad déi Leit representéieren déi se gewielt hunn, ass net nëmmen eng Frechheet, mä et ass och e ganz ganz komescht Demokratieverständnis. Et brauch kee sech Suergen ze maachen, den Escher Gemengerot, wéi den Här Baum gesot huet, huet Courage. Dat hu mir desöftere bewisen. Och wa mir eleng do stoung wou sech aner Gemenge léiwer ënnert der roudere Décke verkroch hunn, oder schwaarzer. Egal welch Faarf, mauve. A mir huelen eis och dat demokratescht Recht och als kleng feig Eluen d'Décisionne vu Ministeren a Staatssekretären a Fro ze stellen, op dat hinnen elo gefält oder net. Et soll ee sech och heiansdo mol bedeckt halen, wann een den Dossier mat de fundéierten Awänn vun de Biergerinnen a Bierger net kennt, an zemools wann een och als Parlamentarier permanent Partikularinteressen iwwer d'Biergerinteresse gestallt huet. Do wou d'Industrie nämlech hier räich Lobby huet, ass dem Bierger seng Lobby den Elue an duerfir kann de Gemengerot u sech haut och nëmmen eng kloer Haltung anhuelen. Mir mussen all solidarisch mat de mobiliséierte Biergerinnen a Bierger sinn.

Och wann et haut de Moien ëm d'Asphaltfabrik geet, den Dossier ass awer vill méi komplex um Monkeler. Dëst goufe mir jo gewollt oder ongewollt op der öffentlecher Sitzung den 13. Februar gewuer. Als éischt si mir gewuer ginn, datt verschidden nei Regierungsmemberen déi ugetruede sinn, fir d'Fënstere groussaarteg opzeräissen, sech keng Gedanke maachen op déi Gesetzter vun der vieregter Regierung, gutt oder schlecht sinn oder op se misste geännert ginn. Mä esou kann ee sech och hannert der vieregter Regierung nach weider verstoppen. An deem Dossier Asphaltfabrik kann och keen eis erzielen, datt et ëm Wirtschaftsinteresse geet. Dës Fabrik huet herno e minimale bis guer keen ökonomeschen Impakt op d'Wirtschaft. Au contraire, huet se awer nohalteg en negativen Impakt op d'Gesondheet vun de Leit déi do ronderëm liewen, op d'Ëmwelt, d'Zone verte notament an op d'Liewensqualität vu ville Bierger. An e bëssen erënnert dat un de Prinzip vu

gewësse Firmen – do wäert den Här Bernard sech besonnesch freeën – déi d'Recetten ëmmer nees gäre privatiséieren an de Risiko gären der Allgemengheet opbrummen.

Den 13. Februar war sécher och net den Owend vun Transparenz an Demokratie, mä éischer eng Selbstinszenéierung, e Virgeschmaach op de frësche Wand dee bléisst. D'Escher, d'Schëfflenger, d'Monnerecher goufe virun e Fait accompli gestallt, wéi den Här Baum scho sot, well den Här Staatssekretär schonn e puer Deeg virdru seng Entscheidung getraff huet, ouni déi concernéiert Leit ze consultéieren, anzebannen oder op d'mannst op d'Awänn, déi se d'lescht Joer hei an der Gemeng virgedroen hunn, anzegoen. Dëst ass Transparenz vun de getéinte Fënsternen. No dëser Virgehensweis hunn ech allerdéngs elo schonn Angscht wann ech un déi selektiv, déi sozial Selektivitéit vun der Regierung denken.

Dofir werfen d'Leit dem Staatssekretär net vir, d'Gesetzter anzehalen, mä datt hie se net gehéiert huet a sérieux hëlt an iwwert hire Kapp décidéiert huet. Aussoe wéi zum Beispill eng Miesstatioun opzerrichte fir Emissionne vu Camionen ze moossen an da kuerz drop ze verlaangen, an engem anere Saz, d'Gemenge misste banne kuerzer Zäit hiren Ok ginn oder juristescht Schrëtt huelen, obwuel déi Resultater vun där Miesstatioun réischt d'nächst Joer eraus kommen, sinn a mengen Ae ganz einfach lächerlech. Et ass och illusoresch ze mengen, eng deier Luucht géing de Problem op der Kräizung verréngeren. Et wäert héchstens den Trafic réischt richtig behënnere an d'Emissionne eropdreiw wann d'Camione richtig Gas musse ginn, fir do den Hiwwel aus dem Arrêt erop ze kommen. Ee Lallenger huet iwwregens während der Fuessvakanz bannent e puer Stonnen an der Mëttesstonn iwwer 300 Camione gezielt. Da stell mol ee sech vir wéi dat elo ausgesäit wann déi Camione mol all bei der Luucht stoe mussen oder wann do d'Asphaltfabrik opgeet. D'Käschte vun dëser Luucht hätt ee besser, oder soll ee léiwer un eng ugebonnen Direktconexioun mat den Autobunnen investéieren.

Mä d'Kroun vun där ganzer Geschicht Monkeler ass jo, wéi mat geschwollener Broscht annonciéiert gouf, datt ee Firmen hätt där hir Autorisatiounen net an Uerdnung wieren a wéi den Här Gira versicht huet, de Gemengen de schwaarze Péiter zouzespillen, well dat angeblech de Gemengen hir Schold wieren. Dës hätten d'Kommodo-Autorisatiounen um Monkeler sollen iwwerpräiwen an de

Ministère iwwer Illegalitéiten informéieren. Dës Kontroll läit awer guer net an der Kompetenz vun der Gemeng. Dëst ass d'Aufgab vun Ministère. An dat Schlémmst, wat geschitt elo mat deene betraffene Firme wou d'Autorisatiounen net an der Rei waren? Ma glat a guer näischt. Si hunn Zäit a Rou op Basis vun engem Arrêt hir Pabeieren ze preparéieren, fir nodréiglech dann hir Autorisatioun unfroen. Dat nennt ee wuel wirtschaftsfreundlech Gerechtkeet, well wann de Cafetier seng Autorisatioun net an der Rei huet, gëtt hie protokolléiert a kritt deemno wéi och d'Bud zougemaach. Dat sinn ebe wuel modern Privileegien vun der Industrie.

D'lescht Joer war de Projet nach gesondheetsschiedlech no den Oplage wéi en héije Kamäin, eng Hal ronderëm de Concassé, e Grénggürtel ronderëm d'Anlag ass de Projet jo elo ganz ok. Mä an där Hal, bannen deem Grénggürtel schaffen awer Leit. D'Fro déi ech mir awer elo stellen, ass déi Anlag elo mat enger Mauer ronderëm, déi zou ass, méi oder manner schiedlech fir déi schaffend Leit an der Anlag?

Och mat den Erklärungen wéi kontrolléiert gëtt, datt d'Emissionne agehale ginn, konnten déi Escher sécherlech net iwwerzeegt ginn. Entweder mellt de Ministère sech an engem gewëssenen Délai un oder d'Entreprise bezuele selwer dofir. Dat muss ee sech mol virstellen! Wann ee Ministère sech umellt, huet d'Entreprise nach schnell genuch Zäit e bëssen opzeraumen an ze botzen, an am anere Fall bezillt d'Entreprise selwer fir hir neutral Kontroll. Wéi soll een do eng objektiv Evaluatioun déi der Realitéit entsprécht, gemaach ginn?

Mä et ass wéi esou oft, dat wat ee jo all nei Regierung reprochéiert, leider sinn nees déi moralesch Uspréich aus der Opposition net an d'Regierung iwwer geholl ginn. Sécherlech brauch de Monkeler och e Gesamtkonzept fir d'Bierger ze ënnerstëtzen déi ënnert der Gesamtsituatioun vum Monkeler leiden, och fir hir Liewensqualität ze verbessern. Et muss ee sech awer och mol froe woufir d'Arbed Esch/Schëffleng deemools als eng Zone d'activité deemools zréck klaséiert gouf an de Monkeler eng Zone industrielle bliwwen ass. A wéi et kënn, datt niewent enger Zone verte esou vill Industrie autoriséiert konnt ginn. Vill Memberen aus dem Gemengerot ware bei der Informatiounsversammlung den 13. Februar dobäi, an am Dossier Monkeler ass dem Här Gira awer nach eppes anescht ersausgerutscht, wat mer och e bëssen Angscht nees mécht. Ee kleng Lapsus. Deen huet elo net direkt e Rap-

port mat der Asphaltfabrik, mä et gehéiert zum Monkeler an duerfir wëll ech dat och elo mol hei uschwätzen. Hien hat ganz kuerz d'Bauschuttdeponie ugeschwat déi jo och verlängert soll ginn. Mä d'Autorisatioun vun der Bauschuttdeponie déi ugeschwat gouf, ass awer u sech nach e puer Joer gültig, ausser, steet an der Autorisatioun, wa se d'Capacité volumétrique vun ongeféier 6,5 Mio m³ erreecht hätt. Duerfir därfen een no deem wat de Staatssekretär gesot huet, no sengen Aussoen, unhuelen, datt de maximal Volumen erreecht ass. Soss géif d'Entreprise jo net scho fir eng Verlängerung ufroen. Ech froe mech just, wéi héich den Deponieberg nach soll ginn. Mat engem héije Bierg kënne mir jo och vläicht awer eng Kéier olympesch Spiller hei zu Esch organiséieren, dann hätte mer och eppes fir den Tourismus gemaach.

Dëst gesot, ass awer ganz kloer, datt mir, d'Escher LSAP, wéi och vill aner Kollegen hei am Gemengerot, eis géint déi Verlängerung vun der Autorisatioun, och vun der Bauschuttdeponie wäerte meditieren. Et ass schon e bizarren Zufall, datt d'Gemeng an de leschten Deeg Poustere vu Kriibserkrankungen ausgestellt hat. Et ass duerfir richtig, datt de Schäfferot proposéiert, all juristeschen Moyenen auszenotze fir déi Asphaltfabrik ze verhënnere. A grad esou wéi den Här Baum, sinn ech ganz optimisteschen. An duerfir, fir ofzeschlëssen, wëll ech mech och dem Här Baum uschlëssen an nach de Lallenger an alle Leit déi en lutte si momentan, Courage an Ënnerstützung wënschen, well et geet weider. Merci."

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Hansen. Als nächste Riedner den Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci. Déi Tatsaach vun de Stellungname vu menge Virriedner, déi stëmmt mech wierklech optimisteschen, fir dass mer hei am Gemengerot eng ganz grouss, ech hoffen eng eenheetlech Solidaritéit zum Ausdrock bréngen, fir d'Ënnerstützung vun deene Leit déi concernéiert si vun deem Dreck, deem Gestank deen op se duerkënnt. Duerfir begrëissen ech haaptsächlech och d'Tatsaach, dass de Schäfferot sech duerchgesat huet an de Chantier zougemaach huet. Eleng de Fait, dass déi sans autorisation, ouni Autorisatioun do scho gebaut haten, ugefaangen hunn ze bauen, dat beweist jo déi Mentalitéit déi déi Leit hunn. Dat bedeit a mengen Aen: après moi les mouches. Well esou kann ee jo net virgoen an d'Interesse vun enger Gemen-

genautoritéit ënnerlafen an domat gläichzäitig d'Gemeng Esch an aner Instanze virun e Fait accompli ze setzen. Wann am Virfeld et geheescht huet, dass d'Versammlung vum 13. Februar eng Informatiounsversammlung war, da kënne awer déi déi hei waren oder déi déi d'Press geliest hunn, wierklech soen, dat war keng Informatiounsversammlung, dat war eng Protestversammlung vun de Leit géint d'Willkür a géint déi Leit déi amgaange sinn hir Liewensqualitéit a Fro ze stellen an ze ënnerbotteren. Eleng de Fait, dass den Här Staatssekretär Gira hei d'Leit, honnerten an honnerte vu Leit, dausende vu Petitiounsënnerschreiwir virun e Fait accompli gesat huet, ass e Fait wou ech e Wuert net gär gebrauchen, mä et passt awer hei. Dat ass d'Leit „veraarscht“. Et deet mer Leed, en anert Wuert fällt mer de Moment net an. Esou geet et net. Besonnesch dann, wann een ier ee Staatssekretär war, President vun der Petitiounsinitiativ war, géint d'Asphaltfabrik um Monkeler. An dat féiert jo dozou, wou all vernünftege Politiker seet, an och d'Leit dobaussen, eigentlech iwwerleeën, dat ass esou negativ fir d'Glawierdegkeet vun der Politik am allgemengen: Wa mer un der Krëpp setzen, da schäffle mer. An dat ass dat wou d'Leit dobaussen opbruecht sinn an ufänken un der Eierlechkeet vun der Politik ze zweifelen an dat ass eng geféierlech Entwécklung. Déi Entwécklungen do hu mer an den 30er, 40er Joeren erlieft. An och an der Period vum kale Krich hu mer dat erlieft, wéit et fäerdeg bruecht ginn ass, d'Leit opzebréngen géint d'Glawierdegkeet vun der Politik. An do maachen d'Leit keng Differenz. Si maachen net d'Differenz tëschent deenen dann, leider, déi sech fir hir Interessen asetzen, an deenen déi géint hir Interesse virginn a verstoussen, sondern se maachen einfach e Stréch a soen: Politik ass knaschteg, ech wëll näischt domat ze dinn hunn. An dat ass, wéi eis d'Geschicht weist, ëmmer eng geféierlech Entwécklung.

Wann ee sech hannert dem Argument verstoppt, wéi den Här Baum an och meng Virriedner all, gesot hunn, dass ee sech un d'Gesetz hält wann een d'Autorisatioun gëtt, ma da muss ee sech mol d'Fro stellen, wa Gesetzer do sinn, déi géint d'Interesse vun de Leit sinn, da muss ee se änneren. Da muss een d'Gesetz änneren, soss leeft een d'Gefor, dass een, wéi den Här Gira elo, an der Opinion publique bei deene fortschrëttleche Leit an och bei ville Gréngepolitiker a Sympathisanten, u Glawierdegkeet verléiert. An dat fierft sech wéi gesot och op déi aner Parteien of.

Dreck, Gestank, geféierleche Camionsverkéier, et ass och ugeklongen dass do 3 Firme keng Autorisatioun haten, do ass et net méi wéi normal, an do brauch een näischt ze begrëisse vun engem Minister, wann hie seet de Verursaacher vun deem Dreck soll och fir d'Käschten opkommen. Ech sinn net der Meenung dass een do – ech mengen et ass den Här Bausch – soll onbedéngt esou terribel luewen. Dat ass fir mech eng Selbstverständlechkeet déi awer leider net ëmmer an d'Praxis ëmgesat gëtt. An duerfir sinn ech der Meenung, dass dat eng gutt Saach ass.

Also, ech wëll hei éischensmol d'Solidaritéit vun der kommunistescher Partei fir d'Leit um Monkeler ausdrécken an och dem Schäfferot versécheren, dass meng Stëmm ëmmer op der Säit ass vun Schäfferot wann hien do an déi Richtung geet fir d'Interesse vun de Leit ze verrieden an net fir déi puer Industriellen déi just hiren eegene Confort an hir eegen Avantagen am Kapp hunn.

Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Bernard. Den Här Mischo an duerno den Här Zwally.“

Goerges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech mengen, et ass scho ganz vill gesot ginn. Ganz vill Argumenter sinn hei elo schonn op d'Lee komm, an ech mengen et gëtt hei am Gemengerot just eng Meenung, an dat muss sinn, dass d'Liewensqualitéit vun de Lallenger, vun deene Leit déi do an der Géigend wunnen, muss einfach respektéiert ginn. De Verkéier, de Stëpps, de Knascht deen elo schonn do ass, deen ass esou grouss, dass d'Limitt vun der Liewensqualitéit schonn erreecht ass an ech mengen do muss de Gemengerot unanime hannendru stoe fir déi Leit ze ënnerstützen. Ech mengen, et sinn esou vill Argumenter déi elo scho géint deen dote Projet de Moien hei komm sinn, dass een am Fong geholl do net iergendwéi eng aner Meenung kann hunn. Et kann einfach net méi sinn, dass alles wat Industrie ass, ëmmer muss op Esch kommen, respektiv an de Süde soll kommen. Esch war eng Industriestad, muss keng Industriestad bleiwen an ech mengen et ass och keen Argument, fir eng däitsch Norm ze huele fir 600 m oder 700 m vun enger Asphaltfabrik ewech ze sinn. A Spuenien sinn et 2 km. Ech mengen dat sinn Argumenter déi einfach dergéint schwätzen an ech mengen do ass d'CSV an och ech selwer dergéint, dass déi Leit do nach méi belaauscht ginn.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally. Merci, Här Mischo.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen dat wat hei mäi Kolleg gesot huet, kann ech nëmme voll ënnerstëtzen. Mir hunn hei als Esch selbstverständlech Erfahrung mat deem wat en Industriestand- uer bedeit. Et ass net fir näischt wou mer iwuer 100 Joer laang Stolindustrie hunn déi jo an hire Produktiounsprozesser bekannterweis och Saachen hunn déi Schwieregkeete maachen um Niveau vun der Gesondheet vun de Leit an domatter verbonnen och duerch dee Produkt dee se duerstellen, duerch de Prozess vun der Produktioun, ëmmer erëm am Bléckpunkt stoung vis-à-vis vun deene Leit déi do gewunnt hunn. Ech mengen, dass hei, wat de Monkeler ubelaangt, wat déi Asphaltfabrik ubelaangt, déi jo hei an der Diskussioun steet, de Merite deen ass, deen och den Här Baum hei gesot huet, dass d'Leit sech mol op d'Bee gesat hunn a gesot hunn, mir maachen dat doten net mat. Wann déi dat net gemaach hätten, dann hätte mer och haut an doriwwer eraus, keng Diskussioun doriwwer kritt.

Wann een Erfahrungswärter kennt, um Niveau vu Produktiounsprozesser, an et ass schonn eng Kéier ugeschwat ginn, haaptsächlech um Niveau vun engem Elektrostolwierk, wéi d'Phas komm ass wou mer vun den Héichuewephas eriwuer gaange sinn an d'Elektrostolwierker, do ass d'Diskussioun schonn ugaange mam Transport. Ech gesinn am Arrêté dee festgehalde ginn ass, dass den Transport och een Deel vu Suergen duerstellt, wat d'Matière selwer ubelaangt déi ee brauch fir dat Produkt hierzustellen. Bei den Elektrostolwierker senger Zäit, ass d'Diskussioun ugaangen, well mer de Gros vun deem Produkt kritt hu wat de Schrott ubelaangt, deen 12 verschidden Zorten huet, wat fir ee Schrott kréie mer do? Ass en net radioaktiv verseucht? Dir kënnt lech erënneren, dass mer déi Diskussiounen haten an et ass op Grond vun där Problematik reagiert ginn. Et sinn also aner Oplage gemaach ginn. Et si Grenzwärter agesat ginn an op Grond vun deem wat komm ass, an d'Land erakomm ass, respektiv an déi eenzel Stolwierker gefouert ginn ass, huet dat schonn en éischte Problem duergestallt an et si Léisungen zu deem dote Problem gesicht ginn. Ech muss soen, dass dann dat net fäerdeg ass, well duerno kënnt jo da wierklech de Produktiounsoflaf, dee jo och bedeit, dass domatter verbonnen duerch deen tech-

neschen Oflaf net alles méiglech ass. Et kann ee Villes maachen, mä et kann een awer och op Grond vun deem haitege Stand vun der Technik net alles éliminéieren. Et kann een et minimiséieren an op Grond vun deem gi Grenzwärter agesat. Mir hunn ëmmer gesot an der Diskussioun, senger Zäit an och haut nach, dass déi Grenzwärter och wa se nom EU-Recht orientéiert sinn, et nach besser ka maache wéi dat. Ech war iwerrascht wéi deen Zoustännege vun Ministère gesot huet, wéi och d'Fro gestallt ginn ass, wat fir eng Grenzwärter huet Dir dann, dass en EU-Wärter mentionéiert huet an doriwwer eraus mengen ech, ass – et ass jo net déi éischt Anlag déi hei gebaut gëtt – mä ass einfach op e Grenzwäert zrëckgegraff ginn dee fondeiert war op Grond vun iergendenger Etude, deen awer een Zil huet, nämlech dat dass en och ekonomesch machbar ass. An ech mengen et ass och do wou an de Produktiounsprozesser vun esou Anlagen ee muss oppassen, dass een a) d'Gesondheet vun de Leit déi ronderëm wunnen an och déi do schaffen am Ae behält, mat de Grenzwärter a b) virun allem och déi déi ökonomesch Situatioun, déi ganz oft gär domatter verbonne gëtt, fir en net méi deier ze maachen, net kann esou akzeptéieren. An dat ass och dat wat ech net kann hei einfach esou akzeptéieren, dass nëmme e Grenzwäert geholl gëtt dee bekannt ass an doriwwer eraus mer eis net beméie fir anerer ze maachen, déi einfach besser si wéi déi déi elo do sinn. Dat zu der Optik vun den Industrieanlagen déi mer haut hunn an déi mer kennen a wéi esou Problematike fir eis kennen entsto.

Ech hu gekuckt déi ëmweltpolitesch Oplagen, déi ech och elo mentionéiert hunn, hunn ech mer d'Fro gestallt, ma wéi wëll een dat dote kontrolléieren? Mat deem Minimum vu Leit déi een do huet ass et fir mech bal ondenkbar a mat deem wat quasi do vun technesche Méiglechteeten ausstafféiert ass, dass et bal net denkbar ass. A wa jo op Grond och vun deem wat produzéiert gëtt an op Grond vun deem wat gesondheetschiedlech kann herno Auswierkunge kréien, wann dann eng Kéier eng Pann do geschitt, dann ass et an der Loft an dann ass et ënnerwee, an dann ass et do, an da muss een dat wëssen, dass dat esou ka geschéien an do kann een Instrumenter maachen esou vill wéi ee wëll, mä dat ass nun ebe mol dee Stand deen een huet an insofern menge mir, dass mer Erfahrungswärter hunn déi eis sollen esou ënnerstëtzen, dass mer kloer soen, dass mer dat doten net wëllen.

Ech kommen dann op den ökonomeschen Deel ze schwätzen. Ech hunn en Artikel am Wort geliest, wou gesot gëtt informatiounshalber, dass et där Anlagen dräi hei am Land gëtt. Et ginn der 11 an de Groussregiounen, an engem Radius vun 100km. Et sinn der am ganze 14 déi do sinn. Wat mech dann awer erstaunt huet, dat ass dass fir 2014 virgesinn ass, dass 20 bis 40% Reduktioun an deem dote Secteur ass. Da stellen ech mer och déi ökonomesch Noutwendegkeet vir. Ech stellen déi och a Fro an deem doten Zesummenhang.

An da komme mer op deen Deel deen d'Stadentwécklung ausmécht. Ech mengen dass mir als CSV hei ëmmer gesot hunn, an dat wëll ech dann als Kritik och hei un eis am Gemengerot soen, datt mer déi Affäre vun der Stadentwécklung zënter 2000 als autonom Kommissioun haten. An dass déi autonom Kommissioun Problemer an der Bebauungsplanung fir d'Stad Esch ëmmer erëm ugeschwat huet. Déi huet regelméisseg huet déi fonctionnéiert an do si vill Deeler vun eiser Entwécklung esou wéi mer eis dat virgestallt hunn, ënner anerem och Belval an alleguerten déi al Quartieren hei an Esch, an engem Zesummenhang virgestallt ginn, a mir mussen dann och bedauern, an dat hunn ech och gesot, dass déi bei deem leschte Koalitiounsaccord, net dësen, mä dee virdrun, ech elo schonn 3 Perioden dobäi sinn, zesumme geluecht ginn ass mat der Bautekommissioun. An ech an uet huelen, dat hunn ech och scho gesot, dass deen Deel, dee wictegen Deel vun der Stadentwécklung net genuch do eraus kënnt. Et soll een nach eng Kéier op de Wee goe fir sech ze iwverleeën ob een dat dote wëll deemspriechend nei maachen an d'Stadentwécklungskommissioun erëm esou fonctionnéieren ze loosse mat deene Problemer déi mer elo hei kennen, deemspriechend ausstafféieren an dann dat doten erëm eng Kéier esou maachen, esou wéi mir dat kann hunn.

Da kommen ech op deen Deel vun der Verkéierssituatioun déi och hei mentionéiert gi war. Verkéierssituatioun wou vun de Luuchte geschwat ginn ass, déi mer wëlle maachen. Majo wéi mer hei d'Diskussioun hate vum Cactus, déi Leit déi laang dobäi sinn, kënne sech dorunner erënneren, dass ech eng Analys gemaach hat d'Impakter déi et gëtt um Niveau vu Lalleng. D'Entwécklung huet sech a kengem Quartier esou gemaach wéi dat zu Lalleng de Fall ass um Niveau vun den Awunner. Ech huelen do den Altena dee bäikomm ass, deen iwuer 180 Unitéite kritt huet, déi nei bäi komm

sinn. Ech huelen deen Deel Montpellier deen nei gebaut ginn ass. Ech huelen déi zwou Entwécklung vum Pudel 1 a Pudel 2. Ech hunn en plus nach d'Nonnewise mat erageholl an deen Deel vum Dunant, Henri Dunant, do wou mer schonn an der Entwécklung waren an enger éischer Phas an déi zwou aner Phasen. Dat beweist schonn eleng nëmmen duerch déi Densitéit vun all deene Bebauungen déi mer do hunn, dass d'Noutwendegkeet einfach ginn ass, am Zesammenhang mat dem Accord fir de Cactus kënnen ze bauen. An ech wëll widderhuelen, dass mir net géint de Cactus sinn. Mir hunn eis deemools enthalen, well mer der Meinung waren, dass den Impakt vun dem Verkéier op där Plaz, do wou de Cactus haut kënnt, e ganz grouse Problem duerstelt, wann ee weess dass de Cactus als Ganzes schonn 2.750 Parkplazen huet, wann ee weess dass et musse minimum 5.000 Entréeën a Sortieë ginn an dee Parking eran, da weess ee wat dat alles bedeit. An da kréie mer gesot, dass mer wäerte bei der Lallenger Kierch zesummen, bei der Aralstatioun e Kreessverkéier kréien, deen et soll dann erméiglechen, fir kënnen esou séier wéi méiglech ze evacuieren. Wa mer dann higinn a mer maache 7 Zebraträifen dohinner, da ka jiddweree sech hei virstellen, dass mer kee Floss wäerte kréie fir déi Affaire vum Verkéier richteg dréinen ze loosnen.

An dann nach déi Affaire vum Mouveco. De Mouveco stellt a Fro dass u sech déi Affaire vum PAG an domatter verbonden déi Plans sectoriels net richteg ugewannt ginn oder op d'mannst net esou traitéiert gi wéi se sollten. Ech kann zum Deel hinne recht ginn. Dat muss eis net gefalen, mä dat ass awer esou. Ech hu virdu schonn erklärt, firwat dass et wichtig ass, dass déi Stadentwécklungskommission tagt, dass se regelméisseg tagt, an dass um Niveau vun der Entwécklung, esou wéi mer se gären hätten, dat misst garantiert bleiwen. Ech vermessen awer, ech vermessen och wat de Mouvement écologique ubelaangt, wou jo de Vertrieber hei d'Fro vum Moratoire gestallt hat, dass déi Fuerderung eigentlech net méi am Raum steet an ech stelle mer och d'Fro ob se op Grond vun der vergaanger Regierung, doduerch datt et eng aner Konstellatioun ginn ass, déi Fro vum Moratoire doduerch verschwonnen ass, well et haut eng gréng/rout/blo Regierung ass? Si ginn eis eng politesch Responsabilitéit déi ech deelweis unerkennen, a géif dann och mengen dass et fir eis wichtig wier fir doropper ze reagieren, well et awer wichtig ass, wéi mir eis positionieren.

Ech wëll dann nach op deen ominéisen Owend agoe wou den Här Gira hei war. Den Här Gira als Gréngen, do ginn ech jo alleguernte menge Virriedner recht, kritt eigentlech elo dat erëm wat hie während 30 Joer als Oppositionspartei gemaach huet, am oppositionelle gemaach huet. Hien ass nämlech higaangen an huet ëmmer mat der Angscht gespilt um Niveau vun der Gesondheet. Hei, wéi hien heihinner komm ass, huet hien de Saz ugefaangen, hie wier heihinner komm fir d'Wouerecht ze soen. Ech hu mer d'Fro gestallt, wat fir eng Wouerecht? Mir haten näischt gefrot. A kee vun eis hei deen iergendeppes gefrot hat. Dofir hunn ech sai Saz net verstanen an da kommen ech op dat wat vereenzelt Riedner hei gesot hunn, Esch fonctionnéiert aneschtens. Esch huet nach ëmmer aneschtens fonctionnéiert. Mir haten duerch eis Geschicht an duerch déi Industriestanduerter déi mer hunn, ganz aner Problemer ze léisen. Mir si keng Wellness-Gemeng déi sech ëmmer nëmme kann dat Schéinst an dat Bescht eraussichen déi ee gäre wëll an déi bei ee passt. Bei eis gëtt et dat net. Mir kënnen dat net. Mir hunn eng aner Geschicht an doriwuer eraus musse mir eis aneschtens orientieren. Ech fir mäin Deel spieren eraus, an dat ass och gutt dass et esou ass, dass et duergeet, dass d'Liewensqualitéit zu Esch muss aneschtens ugepaakt ginn. Dass alleguernte dat wat Vereenzelter mengen duerch méi Aarbechtsplazen an duerch méi Industrie elo fir eis eng aner Qualitéit muss kréien. An et kann net nëmme sinn, dass de Gedanken hei am ganze Land, wa mer eng Industrie hunn déi Knascht produzéiert, da setze mer déi erof an de Süden a bei lech wa méiglech, well et do Zone ginn. Nee dat muss endlech eriwuer sinn an doduerch dass hei déi Leit de Courage hate fir dat doten ze maachen, kann ech nëmme soen, dass mer dat voll wäerten ënnerstetzen an op deen dote Wee mat lech goe wann den Accord kënnt.

Ech hunn dann awer nach eppes an da kommen ech zum Schluss. Mir mierken, an ech hunn dat och scho gesot viru Joeren, dass et awer wichtig ass hei am Gemengerot, dass mer Leit hunn déi an der Chamber eis representieren. Ech mierken dass mir, ausser der Madame Bofferding, an elo den Här Baum zum Schluss, déi eenzeg wäerte sinn déi eis landeswäit vertrieben. Ech mierken, dass mer absolute Manquetum hunn un deem dote Fait, an dass et wichtig wier dass mir hei déi Leit déi an der zweetgréisster Stad aus Esch, an dofir maachen ech och den Appel wéi ech e schonn eng Kéier gemaach hunn, wichtig wier, dass mer

esou vill wéi méiglech vu sämtleche Borde Leit an där Chamber hunn, fir dass mer kënnen informieren an hinnen och kloer maachen em wat dass et geet.

An dann hunn ech nach eng Propos ze maachen, eng Propos ze maachen um Niveau vun de Plans sectoriels, well et jo awer ganz sensibel Theme si wat déi doten Anlagen ubelaangt. Majo elo ass et jo esou, dass déi Leit un der Macht sinn déi d'Méiglechkeet hu fir kënnen aneschtens ze reagieren. Da solle se elo higoen an dovunner profitieren an esou sensibel Anlage mat verschiddene Grenzwaerter, mat Distanzen a mat Wäerter a Critère fëllen a se esou geographesch situieren, dass jiddweree kann am Land domatter liewen. Ech sinn hei d'accord mat deem wat den Här Baum gesot huet. Mir brauchen eng aner Ausrichtung. Mir brauche ganz einfach och an dem prozeduralen Deel vun esou enger Festleegung vun esou Anlagen, ganz einfach landeswäit Konsens a mir mussen dat esou bündelen, dass et geographesch fir kee kann eng Gefor bedeiten. Onofhängeg vun enger technescher Gefor, mä et muss esou gebündelt ginn.

An da kommen ech zum Schluss. Wat wichtig ass, an ech hoffen, dass dat och esou bleibt, well mir als CSV hei am Gemengerot d'Solidaritéit ëmmer erëm afuerderen, datt och déi Leit an alleguernte d'Fraktiounen an déi 19 déi hei sinn, des Solidaritéit net ënnergruewen an alleguernte de Schäfferot bei senge Beméiungen ënnerstetzen. An deem Sënn soen ech lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spatz (LSAP): „Villmoos Merci, Här Zwally. An da komme mer zum Här Huss als leschte Riedner.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Och Merci menge Virriedner fir déi vill interessant Points de vue. Ech muss soen et wonnert mech méttlerweil eigentlech guer net méi, datt de viregten Ëmweltminister deen Dossier iwwert dee mer haut hei schwätzen, net méi virun de Waleen evacuieren wollt. De Monkeler war e Polverfaass, dat eigentlech just nach op eng Asphaltfabrik gewaart huet fir explodieren ze kënnen. Ech mengen esou kann een d'Situatioun graff resümieren. A wat deen Dossier esou schwierig mécht, dat ass engersäits seng Komplexitéit. Et si jo eigentlech zwee Dossier an engem. Eemol de konkrete Projet vun der Asphaltfabrik an dann eemol déi historesch gewuessen an urbanistesche, awer och ganz problematesch Gesamtsituatioun em de Monkeler. A gläichzäiteg ass

et dann och nach en immens emotionellen Dossier, dat ass jo och schonn e puermol gesot ginn, dat well et ëm d'Liewensqualität vum de Bierger geet.

No de sëllegen Awänn vun de Gemengen a vun de Bierger, huet déi nei Regierung deen ale Projet jo relativ wäitgehend iwwerschaffe gelooss an deem da finalement och gréng Luucht ginn. Dat heescht awer net, datt mir als Gemeng automatesch och musse gréng Luucht ginn. Als Gemeng hu mir d'Recht dee Projet a Fro ze stellen an als Gemeng hu mer och Pflicht eis fir d'Liewensqualität vun eise Bierger anzesetzen. An Esch hat an huet och haut nach ëmmer immens vill Belaaschtung, mer brauchen der wirklech net nach méi. Dat ass déi eng Säit vun der Medaille.

Wa mer awer als Stad Esch gläwiederdeg wëlle si mat eiser Oppositiooun géint déi Fabrik, da geet et net duer einfach ze soen, nee mir wëllen dat elo hei net. Wa mer gläwiederdeg wëlle sinn an och éierlech mat eis selwer wëlle sinn, da musse mer och gläichzäiteg de Kader vun deem ganzen uschwätzen an hannerfroen, deen dese konkrete Projet mol méiglech gemaach ass, an do si mer nieft dem Commodo Gesetz, ënner anerem awer och bei de PAgE vun de betraffene Gemengen, an esou weider. An ech muss soen, datt et an engem Rechtsstat awer relativ schwierig ze vermëttelen ass, déi Erfahrung hunn ech iwwert déi lescht Woche gemaach, wisou an eng Industriezone keng Industrie komme soll ouni gläichzäiteg d'Industriezone selwer awer iergendwéi och a Fro ze stellen. Dat ass déi aner Säit vun der Medaille mat där mer och konfrontéiert sinn. Ech hoffen op alle Fall, datt de Schäfferot hei eng Approche fënnt an och wielt déi laangfristeg am Interêt vun der Liewensqualität ass a gläichzäiteg awer och kohärent bleift.

Ech kommen dann zur Gesamtsituatioun um Monkeler. Do muss ee sech awer wirklech d'Fro stelle wéi et iwwerhaupt esou wäit konnt kommen an ech gi mol dovunner aus, dat de Knascht an de Kaméidi net einfach vum Himmel gefall komm sinn dee Moment wou décidéiert ginn ass eng Asphaltfabrik dohinner ze setzen. Et stelle sech hei eng ganz Partie, eng ganz Rei vu Froen. Wéi kann et sinn, datt e Wunnquartier därmoossen ënnert dem industriellen Trafic ze leiden huet, dat net eréischt säit gëschter? Dat ass och schonn e puermol hei ugeschwat ginn. Wéi kann et sinn dass en Deel vun deene Betriber esou laang an der Illegalitéit fonctionnéiert hunn a wisou huet déi viregt Regierung ganz offensichtlech geschlof an net scho vill éischer interve-

néiert hei? Dat sinn alles Froen déi mer haut wahrscheinlech net opgeschafft kréien, aus deene mer laangfristeg awer sécherlech eppes léiere kënnen an dat nach laang net just hei zu Esch. Mä ech mengen och am ganze Land.

Eng méi konkret Fro stellt sech hei awer och nach. An zwar hunn ech mer soe gelooss, datt déi Monnercher Gemeng finanziell net schlecht vu grad där Depo nie profitéiert déi zu Lalleng fir e ganz groussen Deel vum Camiontrafic, Dreck a Kaméidi responsabel ass. A well sech déi 3 Gemengen am Moment jo esou solidaresch weisen, géing et mech awer schonn interesséieren ob et vu Monnercher Säit do eng Aart Ausgläich fir déi Belaaschtung zu Lalleng gëtt? Zum Beispill am Sënn vun enger Bedeelegung um deene Recetten oder am Sënn vu Bedeelegung bei den Opraum- a Botzaarbechten? A falls net, wier et dann net un der Zäit fir elo vläicht esou en Arrangement ze fuerderen. Ech si mer zimlech sécher, datt d'Madame Schweich do en oppend Ouer fir eis hätt.

Trotz allem wat an der Vergaangenheet um Monkeler vläicht schief gelaf ass, sollte mer awer virun allem elo no vir kucken. Mer sollten dofir surgen datt d'Liewensqualität vun de Leit hei zu Esch, Schëffleng an zu Monnerch als politesch Prioritéit betruecht gëtt, an dat souwuel um nationale wéi och um kommunale Plang. Duerfir sinn ech awer elo frou, datt den Här Gira mol an enger éischer Phas dofir gesuergt huet datt um Monkeler opgeraumt gëtt, datt déi Betriber solle systematesch kontrolléiert, responsabiliséiert an am Noutfall och zougemaach kënnen ginn, wa se sech net un d'Regelen halen, mä mir brauchen och laangfristeg Léisungen an duerfir och den Appel un d'Regierung fir déi Idee mat deem zousätzlechen Accès zum Monkeler prioritär, awer wirklech prioritär och unzepakten.

ler ech dann zum Schluss kommen, wollt ech awer och nach ganz kuerz eppes zu deem Informationswend soen. Et war awer jo e ganz animéierten Owend an a mengen Aen awer trotzdem e sënnavollen Exercice an ech muss soen deen Interessen an deen Engagement deen ech do erlieft hunn, déi géing ech mer awer heiansdo och bei anere politesche Sujete wënschen. Mä och wann et a Punkto Asphaltfabrik beim Dissenz deen Owend bliwwen ass, mengen ech awer, datt mer mat Bléck op déi Gesamtsituatioun um Monkeler trotzdem e gutt Stéck virukomm sinn deen Owend. An deem Kontext wëll ech trotzdem dem Här Gira awer fir säi Courage gratuléieren, hei am Sall d'Positioun vun der Regierung

erkläert ze hunn. Ech mengen dee Courage hätt och net jiddweree gehat. An doriwwer eraus géing ech et awer och ganz gutt fannen, wa mer an Zukunft méi oft kéinte Regierungsvertrieder hei zu Esch empfanke, fir hinnen eben d'Méiglechkeet ze ginn och de Bols hei zu Esch ze fillen. Ech mengen dat kéint ganz sënnavoll sinn, och fir d'Prioritéitsetzung op nationalpoliteschem Plang."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): "Lo kënnt kee méi."
(Gelaachs)

Manuel Huss (Déi Gréng): „Dat ka sinn.

Eng Saach irritéiert mech awer bei där ganzer Affaire. Den Här Baum huet et virun an schonn ugeschwat. Den Dossier fält jo wuel ënner d'Responsabilitéit vum Nohaltegkeetsministère, betrëfft awer och ganz maassgeblech en anere politesche Beräich, nämlech dee vun der Economie. A wann ech mer elo dee ganzen hin an hir téschent deenen 3 Gemengen an dem Nohaltegkeetsministère ukucken, da sinn ech awer e bëssen irritéiert, datt de Wirtschaftsminister, den Etienne Schneider, sech nach guer net zu Wuert gemellt huet. Schliesslech war hien et deen dem Här Lisé deen Terrain um Monkeler ugebueden huet fir déi Asphaltfabrik ze bauen. An do géing mech den Hannergedanken awer wirklech och dobäi interesséieren, an ech wier och ganz frou, wann den Här Schneider sech eemol virun den Escher an och de Schëfflenger a Monnercher Bierger erkläre kéint.
(Gelaachs)

Voilà, domat géing ech dann ofschléissen. Ech hunn et virdu schonn ugedeit, mir sinn als Escher Gréng op alle Fall dofir d'Méiglechkeet vum Recours ze notzen, dem Schäfferot de Wee do fräi ze maachen. Mer liewe jo zum Gléck an engem Rechtsstat, och wann dat heiansdo vergiess gëtt an dat heescht engersäits, datt sech d'Regierung un d'Gesetzter hale muss, mä anersäits heescht dat awer och, datt mir als Gemeng vun eise Rechter Gebrauch maache kënnen an dat sollte mer an dësem Fall och maachen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alle Riedner a Riednerinnen zu dësem Dossier. An och Merci ausdrécklech fir déi zousätzlech Suggestiounen déi vun den Einzelne komm sinn. Mir wäerten déi als Schäfferot natierlech mat afléisse loosse. Ech wëilt do awer och betounen, mir hunn natierlech hei elo an dësem Dossier eng Décisioun ze huelen, betreffend déi Asphaltfabrik. Op

där anerer Säit awer natierlech en oppent Ouer fir dee ganze Monkeler deen och vun eis muss gekuckt ginn an net nëmme vun eis als Escher Gemeng, mä och Schëffleng, déi gehéieren do mat eran an d'Fro ass och berechtegt, wat dat fir déi Monnercher Säit heescht. Et ass jo méi elo wéi nëmme déi Asphaltfabrik. Dat ass jo och schon deen Owend erauskomm a virdrun erauskomm. Mir mussen eis och këmmen em de Verkéier, em Stepps an aner Problematiken déi do sinn, mä ech wéilt trotzdem awer soen, datt mir u sech hei zu Esch ni géint eng Schwéierindustrie waren. Vill Leit déi heibanne sëtzen, deenen hir Pappen hunn op de Schmelze geschafft. An et brauch keen eis vun der Regierung e Fanger ze weisen oder Bemerkungen déi esou qualifizéiert gi si vum Här Baum wéi ech se nëmme absolut kann ënnerstëtzen, et brauch keen eis hei e Fanger ze weisen, well do reagéiere mir als Escher ganz allergesch drop, oder sensibel an allergesch. A wann dee Wirtschaftsminister, dee gemengt huet sech missten zu Wuert ze mellen, eis an engem Artikel virgehät, datt mer eis Verantwortung hei net géifen iwwerhuelen, dann ass dat wierklech eng Frechheet. Ech mengen ech hat Stellung dozou geholl. Hien huet eng Geleeënheet verpasst wierklech de Mond ze halen.

(Gelaachs)

Ech ka mech net erënneren, datt an der Stad Schmelze waren an där Géigend wou hie gewonnen huet, dann ass et och einfach eppes ze soen, fir dat elo mol ganz cru ze soen.

An natierlech och den neie Wirtschaftsminister, jo, stëmmt och, wien huet den Terrain ginn? Also do wier och d'Fro ze stellen. Also mir sinn op fir all Diskussiounen, wann et da wierklech en Austausch ass vun allen Informatiounen a wëllen eis net hei de Fanger weise loossen. Mir huelen alleguerten Är Iwwerleeungen an Är Suggestiounen mat an eis Diskussioun den nächste Méinden. Esou wéi ech dat aschätzen, wäerte mer hei och en eestëmmege Vote kréie fir datt mer déi Prozeduren dann elo alleguerte kënnen aleeden. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accorde à l'unanimité au collège échevinal l'autorisation d'ester en justice.

6. Dénomination d'une place au site „Heinzebiërg“; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir kommen dann zu engem weidere Punkt deen och eis Escher Geschicht betrëfft an ech géif dem Här Hinterscheid d'Wuert ginn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. De Pierre Ponath war e Resistenzler dee säi Liewe ginn huet fir net ze verrode wou zwee Refractairë verstoppt waren. Do mierkt een, ouni dass onbedéngt direkt dat eent eppes mat deem anerem ze dinn huet, et eng ganz besonnesch Affinitéit gëtt hei wann et drëm geet fir sech ze wieren. De Pierre Ponath ass proposéiert gi vun der Amicale „Albert Ungeheuer“, fir dass seng Memoire net vergiess gëtt. Mir hunn déi Proposition fir eng Strooss oder eng Plaz nom Pierre Ponath ze nennen, scho laang op eiser Lëscht. A wéi et dann do endlech esou wäit war, dass d'Minn Heinzebiërg, wat an der Mémoire collective eschoise wierklech och e Monument ass an eng Plaz ass vu Resistenz, well do Refractairen dra verstoppt waren, wéi déi sollt, d'Entrée an d'Rei gesat ginn, hu mer och d'Décisioun geholl, dass mer dee Parvis virdrun an d'Rei maachen an dass och elo do dee Busarrët ass, an do ass och gläichzäiteg am Schäfferot d'Meenung opkomm, dass mer déi Plaz da virun der Minn Heinzebiërg, dass dat déi beschte Plaz wär fir dem Pierre Ponath ze gedenken. An dofir proposéiere mer dem Gemengerot dann elo déi Plaz virun der Entrée vun der Minn als Place Pierre Ponath ze nennen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Johanns.“

Théid Johanns (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Dat muss ee sech virstellen, dat ass alles anescht wéi evident. Do affert e Mënsch säi Liewe fir zwee anerer hiert Liewen ze retten. E Mënsch wéi de Pierre Ponath muss an der Escher Geschicht onbedéngt festgehale ginn an dowéinst fannen ech dee Choix fir déi Plaz do no him ze benennen exzellent. Den Här Hinterscheid huet et jo scho gesot, de Schmelzaarbechter Pierre Ponath ass vun der Gestapo verhaft ginn, well hien d'Verstopp vun zwou Persounen wou refuséiert hunn, a wou Refractionairë waren, net wollt

erausginn, ass hien doud geschloe ginn. Déi Plaz wou säin Numm soll droen, ass och geographesch ideal. Hien hat déi zwee Flüchtger jo uewen an der Hiehl mat Ennerstëtzung vu Kollege verstoppt. Déi zwee Flüchtger konnte bis zum Enn vum Krich an hirem Verstopp iwwerliewen.

Et ass awer scho bedenklech, dass eréischt bal 70 Joer no senger Heldendot de Pierre Ponath esou geeiert gëtt. An et muss een do wierklech agesinn, dass och Stroossennimm mat esou wichtege Perséinlechkeeten, wou Asaz zu gudder Saach gewisen hunn, vill besser si wéi de pseudomoderne Designtrend mat Stroossennimm anzeschloen. A fir et iwwerspëtzt ze soen, wéi absurd wär et, wann an 20 Joer en neit Buch mat histo-reschen Escher Stroossennimm géif erauskommen, wou mer um Belval eng rue Gary Glitter oder an den Nonnewisen eng Place Donatella Versace géifen ernimmen.

(Gelaachs)

Et ass vläicht nëmme e klenge Stéck vum Ganzen, mä mat enger weltlech elitärer Benennung vu Stroossen, och wann et an neie Quartiere mat neien Agrafwunner an Esch ass, gëtt e Stéck Identifikatioun vum Bierger zu senger Stad nach méi verluer. Dat wëll awer elo net heeschen, datt den Nelson Mandela zum Beispill och en Escher kéint sinn. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Dem Här Johanns e ganz grouse Merci an ech menge mir sinn all Är Meenung heibannen. Et wäert net zu esou Stroossennimm wéi Dir se elo suggeréiert oder ugeschwat hut, kommen hei zu Esch. Au vote da wann ech gelift.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la dénomination de Place Pierre Ponath.

7. Questions de Personnel; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste Punkt. Den Här Codello informéiert eis iwwer d'Personaldécisiounen.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „O nee, Madame Buergermeeschter. Mir mussen awer nach verschiddener huelen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „De Vote, Dir sidd informéiert gi schrëftlech iwwert déi virdrun. Jo.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Mir hunn an der Scéance publique och e puer Personalproen. Déi éischt ass den Titre honorifique dem Här Romain Pigat ze ginn. Dat ass den Här Pigat, den Turnlehrer wéi d’Kanner nach ëmmer gesot hunn an nach ëmmer wäerte soen, deen d’lescht Kéier an d’Pensioun gestëmmt ginn ass an dofir wéilt ech lech bieden him dann den Titre honorifique vu sengem Posten ze ginn.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l’unanimité l’octroi du titre honorifique de sa fonction à M. Romain Pigat.

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Da komme mer bei d’Travaux municipaux, do hu mer en éischte Punkt, eng Création de poste vun engem Chef de Réseau. Dat ass en Expéditionnaire technique deen herno wäert fir d’Gestioun an d’Direktioun vum Déierepark um Gaalgebierg zoustänneg sinn. An ech wollt lech och froen, där Création de poste zouzestëmmen. Déi ass doudsécher néideg wann een herno déi ganz Gerance vun deem Projet, dee jo am Développement ass an a Renovatioun ass, datt mer do dee Poste vum Chef de Réseau brauchen, déi an esou spezifesche Fäll och attribuéiert ka ginn als Chef de Réseau.“

A weider. Da komme mer, schued den Här Baum ass elo net do, mir kommen zu zwou Suppressions de postes vun zwee Expéditionnaires administratifs. Dat sinn déi déi mer d’leschte Kéier hei duerch e Changement de carrière an de Redakter gestëmmt hunn. Et ass op där enger Säit d’Madame Véronique Gobert aus den Travaux an et ass op där anerer Säit den Här Cardoni an der Schwämm. A mir suppriméieren elo déi Poste vun den Expéditionnaires administratifs. An ech widderhuelen nach eng Kéier, well et d’leschte Kéier zu Tumuldiskussiounen

komme ass an der Personalkommissioun, am Gemengerot an och nach doriwweeraus. Den Expéditionnaire technique Posten an der Schwämm ass d’leschte Kéier net suppriméiert ginn a gëtt och haut net suppriméiert a gëtt och net esou laang suppriméiert wéi dee Poste besat ass. Et war just d’leschte Kéier ugedeit ginn, datt de Schäfferot sech Gedanke gemaach huet, wann déi Person hir Pensionsrechter an Usproch hält an dat ass d’Décisioun vun där Person, dass mer dann d’Diskussioun ufänken, gemeinsam natierlech wéi de Statut vum Fonctionnaire et virgesäit, mat der Delegatioun op dee Posten nach Oprecht erhale gëtt oder suppriméiert gëtt. Also suppriméiere mer haut zwee Expéditionnaires administratifs Posten déi duerch Changement de Carrièresursachen elo vu Redakter besat sinn. Ech bieden och dat ze stëmme.

Dann hu mer nach eng Modifikatioun vun engem Kontrakt bei enger Educatrice bei der Madame Elisabete Da Silva Correia, déi wäert elo 40/40tel schaffen, dat ass en vu well hire Supérieur hiérarchique e Congé parental ugefrot huet an och dat bieden ech lech dat ze stëmme. Kënne mer dat dann zesumme stëmme? Merci.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l’unanimité des voix les questions de personnel.

8. Devis relatifs aux installations des terrains de football; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir kommen zu den Devisen déi am Budget virgesi ware fir de Sport. Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et sinn, wéi Dir ganz richtig gesot hutt, 3 Budgetartikel déi ageschriwwen sinn, wou mer awer dee Moment d’Devisen nach net fäerdig haten. Elo hu mer d’Devisen virleien. Dat eent ass fir am Centre de football Lankelz, deen awer

och elo schonn 20 Joer um Bockel huet, d’Sonorisatioun nei ze maachen, déi do awer gebraucht gëtt, notament wann net nëmme fusbballeresch Aktivitéiten do sinn. Dat ass en Devis vun 18.000 €.

Dat zweet ass virum Stade Emile Mayrisch do uewen, do wësst Dir, déi déi regelméisseg dohinner ginn, dass déi Clöturen an d’Gradinen net méi gutt sinn, dass mer do déi Maueren déi baufällig sinn, einfach ewechhuelen definitiv an anstänneg, sécher Clöturen dohinner maachen. Dat ass en Devis vun 33.000 €, pardon, dat ass kee vun 33.000 €, dat ass ee vu 26.000 €.

An dann hu mer e Problem um Stade de la Frontière, deen eigentlech méi mat eisem Entretien zesummen hänkt. Mir hunn net Waasserdrock genuch an der Hiehl, an dass wann dee Moment d’Terraine musse genetzt ginn am Summer, fir dass déi ganz Aarbecht déi noutwenneg ass, net fir näischt war, dass d’Terrainen an engem impeccablen Zoustand sinn, musse mer eng Drockerhéijungsanlag dohinner maachen, dass mer net dee Moment wou den Terrain berieselt gëtt an der Hiehl kee Waasser méi do ass. An dat ass dann en Devis vun 33.500 €.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Johanns.“

Théid Johanns (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Natierlech si mer als Lénk averstane fir Reparatur, Infrastruktur- an techneschen Ausbau op eise Fussballsterraine finanziell mat ze droen. Mä wann ech elo awer scho beim Sport sinn, wollt ech kuerz d’Geleechenheit ergräife fir eppes nozefroen.“

Bei der Virstellung vum Budget 2014 ass e Saz gefall wou am Escher Veräinsliewe groussen Interêt erwächt huet. Hei den Extrait vum 13. Januar 2014 am Numm vum Schäfferot zitéiert gouf: *Am Kader vum nationale Beachvolley a regionale Fechtzenter an der Hiehl stinn als éischt mol och d’Vestiaire vu ronn 500.000€ am Budget. Mir wëllen als Schäfferot awer och dese grouse Projet iwwerdenken. Eis Idee ass, e multifonctionellen Zentrum doraus ze maachen, ähnlech wéi d’Coque an der Stad, vläicht besser a manner deier. An dowéinst froe mer och eng Entrevue beim zoustännege Sportminister Romain Schneider un. Fin de citation.*

Normalerweis kéint Dir mer elo dorop äntwerten: Dir hätt gëschter sollten d’Zeitung liesen, da wësst Dir méi. An dorop wollt ech elo hiweisen. Wisou ginn déi Projeten net op den Ordre du jour am Gemengerot gesat éier, wéi an der Zeitung ze lese war, d’Stad Esch se als gutt befénnt? Wisou gi mer an de Medie

gewuer, datt erëm e PPP kéint ugesot sinn? An deem Projet uewen an der Hiehl bedeelegt sech de Sportministère jo mat 70% um Budget. Wat seet de Sportsminister Romain Schneider zu deem grössere Projet? Wann dat elo e multifonctionnelles Zentrum mat PPP soll ginn, wär et jo awer och konstruktiv wa vun der Oppositionssäit géif op d'Hoer oder wéi an der Vergaangenheet wahrscheinlich op de Postiche an der Zopp kéint higewise ginn. Natierlech kéint Dir elo wéinst der aktueller Finanzlag äntwerthen, léiwer e Postiche wéi guer keng Hoer. Da géif ech lech äntwerthen, wéi vill Postiche verdréit eng Kapphaut? Et wär scho méi demokratesch wa virun der Énnerschréft vun engem Kontrakt konstruktiv kéint driwwer debattéiert ginn. Ech géif mer op jidde Fall wënschen, datt mer Informatiounen zu deem multifonctionnelles Zentrum net fir d'éischt iwwer d'Medie gewuer ginn, an dass dee Projet och kéint deemnächst op den Ordre du jour kommen. Villmools Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Johans. Ech kann do nëmmen direkt Stellung dozou huelen, datt de Schaffenrot amgaangen ass mat deem Projet an déi Informatiounen déi Dir do hutt, déi mech elo ganz erstaunen, iwwerhaupt net enger Tatsaach am Moment entsprechen. Wéi gesot, entsprécht am Moment iwwerhaupt kenger Tatsaach, also mir halen eis drun, datt mer soen, datt dat hei virgestallt gëtt, datt de Projet iwwerschaft gëtt, datt virgestallt gëtt. Musse jo am Kader vum Pluriannuel lech Informatiounen ginn. An dee kënnt jo eréischt. An da muss et jo och virun an eng Sportkommissioun an et muss an eng Finanzkommissioun. Keng Opreegung. Jo. Ok. Et ass keng Décisioun do geholl."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „E puer Präzisiounen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Bernard nach, dann hu mer alles beieneen. Den Här Mischo hat sech virdu gemellt, Här Bernard. Den Här Mischo an den Här Bernard."

Georges Mischo (CSV): „Also d'CSV Fraktioun ass natierlech och um Wee mat, fir déi doten Investitioun ze maachen, zemools déi dräi Fussballveräiner concernéiert sinn, souwuel d'Fola, d'Jeunesse wéi och d'US Esch. Eis Fro geet dohinner, no deenen deere Plooschteren do, wéi realistesch ass dee Projet Lentille Terres Rouges? Ass en iwwerhaupt nach konkret? Well et ass jo awer net e Projet

vu gëschter, deen ass scho vu virgëschter an dee läit scho laang am Tirang. Wéi konkret a wéi realistesch ass et iwwerhaupt dee Lentille Terres Rouges Projet?"

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Bernard."

Zénon Bernard (KPL): „Selbstverständlich gi mer eisen Accord fir déi dräi Investissementer do déi néideg sinn am Interêt vum Sport. Déi gutt investéiert sinn dann, mä ech maachen opmierksam, allgemeng drop, dass obwuel de Finanzminister net mat der Faarf erausgeréckelt ass des Woch an der Chamber, ob hie wëll am Hierscht oder ob hien net wëll am Hierscht déi 2% Erhéijung vun der TVA maachen, mä mir müssen oppasse wa mer Devisen erausginn, dass mer awer zumindest berücksichtegen, dass déi Dépensé wesentlech méi héich gi wéi dat wat mer hei gesot kréien, well et ass méi wéi sécher, ouni Prophet ze spillen, dass d'Regierung schonn am Hierscht higeet fir déi TVA Erhéijung duerchzeféieren. Dann, wann dat natierlech op grouss Chifferen, hei sinn elo kleng Chifferen, dat mécht 1.800€ aus, déi 2% ronn, bei enger Zomm vu bal 80.000€, da muss een natierlech gesinn, dass de Budget och schonn net méi realitéitsbezunn ass wat d'Dépensen ubelaangt. Dat muss ee gesinn an d'Investissement. Ech wollt dorop allgemeng opmierksam maachen, fir dass de Schäferot vläicht an enger indirekter Form dat berücksichtegt wann hien an Zukunft Devisen mécht."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Bernard. Den Här Hinterscheid wollt och nach e puer..."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo. Ech hunn net dat wat Dir do zitiiert, geliest. Ech kann lech just soen, dass dee Journalist mech no der Sportlerehrung Verschiddenes gefrot huet, an dass ech do eppes präziséiert hunn, wat schonn deelweis no de Budgetsdebatte falsch eriwwer komm ass. An et schéngt nach ëmmer dann net verstanen ze sinn, mä ech muss dat awer elo noliesen.

Wat mir gesot hunn, a wat d'Buergermeeschtesch gesot huet an och während de Budgets-presentatiounen dat ass, dass mer deen Deel vum Beachvolleyball géingen dahingehend iwwerdenken, technesch, dass een e ka fir méi notze wéi nëmme fir Beachvolleyball. Dass een eigentlech e Modell identesch wéi d'Coque, wou jo och kulturell Evenementer an nach aner Evenementer kënne dra stattfannen. Awer do huet lescht-

endlech d'Gemeng jo och nach ëmmer nieft dem Terrain 30% och un där Infrastruktur finanziert an dofir och därfer fir déi Géigevaleur eng Notzung hunn. Dat ass eigentlech dat wat gesot ginn ass. An alles anescht, dass, hunn ech och deem Journalist dee Moment just gesot, dass ech en op de Koalitionsaccord verweisen hunn an op d'Schäfferotserklärung, ni plus ni moins, mä ech liesen dat awer virsiichtshalber no an da kann ech lech och nach selwer déi Präzisiounen ginn.

Dat wat de Projet vun der Lentille Terres Rouges ugeet, bon, de Projet schéngt all Mënsch gutt ze fannen op allen Niveauen. Et geet just net virun an de Problem ass, dass mir, wéi et hei gesot ginn ass, effektiv an eise Fussballinfrastrukturen an zum Deel an anere Sportsinfrastrukture Plooschteren drop peschen, an dass et sënnvoll an noutwenneg wär och déi Infrastrukture kënne ze maachen. Mä wann dee Projet do eng Kéier net viru geet, da muss d'Gemeng sech iwwerleeën, wou se gegebenefalls Alternative kënne realiséieren. Mä, nach wie vor ass de Projet en tant que tel gutt, mä mer stelle fest, dass all Projet deen ee mat der Arcelor mécht, net onbedéngt vun der Vitesse ass fir virunzueen. Ausser si selwer hunn en direkten Interêt. De Schlassgaart ass zënter 2004 votéiert an et ass nach net vill dra geschitt. Also, ech menge vun dohier gesinn, ass dat éischer e Projet deen un Immobilien-transaktiounen gebonnen ass wéi u sportspoliteschen an infrastrukturellen Décisiounen vun der Gemeng, déi eigentlech d'Volontéit jo kloer an der Schäfferotserklärung festgehalten ass. Ech mengen, méi ass haut zu diesem Stadium net dozou ze soen. Mir sinn net Meeschter eleng vun deem Dossier. Dat eenzegt wat eng Kéier méiglecherweis do muss geschéien oder ka geschéien, dat ass, well d'Gemeng jo awer d'Planungshoheit huet, dass d'Gemeng iergendwann eng Kéier do eng Affektatioun drop leet an da mat deene Moyenen déi se dann huet, wann dat bis reafektéiert ass, kuckt dass d'Dossiere viru ginn.

Soss soen ech fir de Rescht Merci dass Dir awer den Devisen zoustëmmt."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech hoffen Dir hutt all Informatiounen datt mer do net virgräifen an eis weider drunhalen un dat wat mer gesot hu bei der Erklärung hei iwwer d'Finanzen, iwwert den Iwwergangsbudget an ënner anerem zousätzlech kritt Dir jo awer mat, datt de Schäfferot vill potentiell Investisseure gesäit am Moment wou ebe Stillstand ass a verschiddenen Dos-

sieren a mir halen lech selbstverständlech um Lafende wéi do déi Diskussiounen och ausginn. Ech géif mengen au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les devis relatifs aux installations des terrains de football.

9. Relevés et rôles supplétifs; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Da géif ech lech bieden de Relevés et Rôles déi Dir virleien hutt, zouzestëmme.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les relevés et rôles supplétifs.

10. Subsidés extraordinaires; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Mir kommen dann zu de Subsidés extraordinaires déi an Ärem Dossier sinn. D'Fleegeelteren an hir Kanner, FLEK Lëtzebuerg Asbl kréien e Subside vu 25 €, villméi en Don.

Dat selwecht fir d'Natur an Ëmweltfondatioun.

Den Escher Volleyball-Club huet eng Demande gemaach wéinst engem Événement de grande envergure a kréie 4.500 € vun de Subsidés extraordinaires zougesprach.

Dann hu mer d'Natur- an Ëmwelt Asbl, dat ass net déi selwecht wou ech elo virdu genannt hunn, déi kréien och 25 €.

D'Associatioun de Pêche ARE kréien 250 €. Den FC Commune 550 €, well se Organisateur ware mat enger Ville jumelée

vun eis en Tournoi zu Köln gemaach hunn, a gewonnen hunn, 550 €.

An dann hu mer de Jonglycée hei zu Esch déi en Appui financier froe fir de Concert Melomania. Also ech denken deen ass absolut wichteg, dat sinn 250 € an ech bieden lech deene Subsidés extraordinaires zouzestëmme, wann ech gelift.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsidés extraordinaires.

11. Commissions consultatives; modifications; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Da fannt Dir Modifikatiounen an den eenzelne Commissions consultatives vun der Gemeng, vun Déi Lénk, vun der CSV, Déi Gréng, d'LSAP, dës Kéier si se bal alleguerten dobäi. D'Modifikatiounen en plus huelen ech direkt mat, dat eent ass fir d'Kommissiounen an d'Proposition vun der LSAP fir am ORT den Här Daniel Codello als neie Membre effectif ze nennen an den Här Manuel Huss als Membre suppléant. An ech mengen, dann hätt ech se alleguerte genannt an deem géif ech lech da bieden zouzestëmme.“

Fir d'éischt stëmme mer dat heiten. Commissions consultatives.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil Communal procède par vote secret et approuve à l'unanimité des voix les changements aux commissions consultatives.

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „En attendant, Här Mischo, Dir hutt nach eng Fro, eng Remarque.“

Georges Mischo (CSV): „Jo, mir hätten eng kleng Remarque, mir hate jo virdrun iwuer d'Égalitéit geschwat, iwuer d'Chancéglichheet, an do ass mer a menge Kollegen aus der Fraktioun gëschter opgefall, dass am „Escher“ déi ganz Changementer vum Buergermeeschter, vun de Schäffen, vun de Gemengeconseillere dra stoungen, just d'Changementer bei der CSV sinn net ernimmt ginn. Do wollte mer froen, wat do passéiert wier.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Weess ech elo wierklech net. Also ech wäert dat nokucken an dann dat an d'Rei bréngen.“

Da muss ech och nach eng Kéier zrückspringen op d'Subsidén, well mir hunn ee wichtege vergiess ze stëmme, deen net an eise Tableau war, mä als Bréif hannendrun. Dat ass dee vun der Boule d'or. Här Hinterscheid, wann ech gelift, wéllt Dir mäin Dossier séier hunn?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Jo, ech hunn et am Kapp. Dat ass, Dir kennt jo alleguer d'Boule d'or do uewen um Gaalgebierg, vis-à-vis vun den Tennisterrainen. D'Boule d'or huet virun enger Rei Joeren d'Autorisatioun gefrot fir eng Hal dohinner kënnen ze baue fir Pétanque ze spillen a si haten do Devisen. Hir Finanzmoyene wäeren duergaangen, do hu se awer aus urbanistesche Grënn och Oplage kritt déi iwwert dat erausgaange sinn. An deemools huet de Schäfferot da mat hinnen ofgemaach, dass se kéinten, wa si dat géife selwer maachen, fir dat Méi-Material e Subside kréien. An et ass eigentlech an där Politik wou mer en Deel Veräiner ënnerstëtzen déi och nach bereet si selwer ze maachen. Also ech invitéieren lech déi Hal kucken ze goen, déi hunn dat nach selwer geschafft. Dat si ganz vill pensionéiert Steemeter an al Bauaarbechter déi dat da gemaach hunn, an dass mir hinnen domat dann elo dee Subside gi fir en Deel vun de Materialkäschten ze droen.“

An ech kann dann awer nach profitéieren, dat wat do an der Zeitung, ech war dat elo schnell sichen, also dat ass näischt wat onbekannt ass, et ass keng Informatioun weider. Dee Plang do dee war schonn eng Kéier am Gemengerot, awer am viregte Gemengerot ass deen hei presentéiert ginn, mä en ass nach ëmmer ofhängeg dervun ob e realiséiert gëtt.“

Théid Johanns (Déi Lénk):

„Ech wollt just froen, dat vum PPP, steet och eppes dran.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Et ass dat wat am Koalitiounsaccord steet als eng Méiglechkeet, als eng Méiglechkeet, awer net fir de Beachvolleyball-Zenter. Mä dat steet am Koalitiounsaccord an an der Schäfferotserklärung. Dat ass och näischt weider wéi dat wat do drasteet. Also ech hunn dat elo genau nogeliest, et ass kee Millimeter derniewent par rapport zu deem, wat schonn hei am Gemengerot war, wat hei schonn iwwert de Koalitiounsaccord an d'Schäfferotserklärung presentéiert ginn ass an och dat mat der Ëmnotzung vun där Beachvolleyball-Hal. An do hunn ech jo zimlech präzis dann dat och gesot, wat ech elo och hei gesot hunn, also wa mer 30% däerfe bezuelen, däerfe mer och au moins fir 30% Notzung matkréien.“

Théid Johanns (Déi Lénk): „Ok. Et ass einfach just well mer an de leschte Joeren och vill, keng Diskussioun, ech weess, vill Informatiounen iwwer d'Press kritt hunn.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Johanns, jo, also mir sinn nach guer net esou wäit an et ass eng Méiglechkeet. Mir bréngen wierklech dat heihinner an och wéi et soll finanzéiert ginn. Mir bréngen et heihinner an an d'Kommissioun ier et an d'Zeitong kënn. 16x Oui.“

12. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Hinterscheid, hutt Dir nach eppes zu de Verkéiersreglementer? Ech mengen do ass näischt.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Lauter provisoirescher.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „D'accord. Da si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech soen lech

all e grouse Merci, wënschen e gudden Appetit.

Pardon, au vote nach fir d'Reglement.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Georges Mïscho – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix les règlements de la circulaion routière.

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Gudden Appetit alleguer.“

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 7 mars 2014

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder avec effet au 1^{er} octobre 2014, à Monsieur Guy Kleren, professeur de musique.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

2) Démission à accorder, sur sa demande, à Monsieur Olivier Rouzier nommé aux fonctions d'expéditionnaire technique de la Ville par décision du conseil communal du 7 février 2014.

L'intéressé renonce à la nomination qui lui a été conférée.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Monique Ralinger, éducatrice graduée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

2) Résiliation, sur sa demande et avec

effet au 15 mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Pamela Dreiling, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

3) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Nadine Schneider, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville, détachée auprès du service « Jeunesse ».

C) Nomination provisoire.

Nomination provisoire d'un expéditionnaire technique de la Ville.
Nouveau titulaire Joe Thornton

D) Nominations définitives.

Carrière du chargé d'études informatique.

Nomination définitive de Monsieur Claude Steffen aux fonctions de chargé d'études informaticien, avec effet au 1^{er} août 2012.

Carrière de l'expéditionnaire administratif.

1) Nomination définitive de Monsieur Sam Lippert aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet au 1^{er} novembre 2013.

2) Nomination définitive de Monsieur Tom Sagramola aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet au 1^{er} novembre 2013.

E) Promotions.

Carrière de l'artisan

1) Promotion avec effet au 1^{er} avril 2014 de Monsieur Carlo Majerus aux fonctions d'artisan dirigeant (grade 7bis).

2) Promotion avec effet au 1^{er} octobre 2014 de Monsieur Jacques Müller aux fonctions d'artisan dirigeant (grade 7bis).
Carrière du chargé d'études informaticien
Promotion avec effet au 1^{er} mai 2014 de Monsieur Philippe Meyers aux fonctions de conseiller informaticien (grade 15).

3. Correspondance

Ce point est sans objet.

4. Analyse de la structure du personnel communal d'Esch-sur-Alzette selon le genre: présentation et discussion

Daniel Codello (LSAP) souligne l'importance de cette 3^e analyse pour la politique du personnel et pour les décisions qui s'imposent. Il propose de remettre ce document à la commission du personnel et au conseil de recrutement.

M. Codello explique que le personnel de la commune a en outre la possibilité de remplir un questionnaire concernant leur situation de travail.

Sur un chiffre total de 1.077 personnes employées par la commune au 01.12.2012, 514 personnes (47,73%) sont de sexe féminin et 563 personnes (52,27%) sont de sexe masculin. La part relative des femmes dans le personnel communal a augmenté depuis le 30.09.2007. En effet, au 30.09.2007, 42,56% du personnel communal était de sexe féminin et 57,44% du personnel communal était de sexe masculin. La part des femmes a donc augmenté de 5,2% par rapport à 2007.

En ce qui concerne la répartition du personnel par statut, nous avons au 01.12.2012 les résultats suivants:

- Salariés manuels: 547 personnes (50,79%; dont 16,71% agents de nettoyage)
- Fonctionnaires: 261 personnes (24,23%)
- Salariés intellectuels: 196 personnes (18,20%)
- Employés communaux: 73 personnes (6,78%)

Le personnel communal a augmenté de 217 unités entre le 30.09.2007 et le 01.12.2012, ce qui résulte en une augmentation d'environ 44 personnes par an. Par rapport au 30.09.2007, la part relative des employés communaux et celle des salariés manuels dans le personnel communal sont restées stables.

Par contre, la part relative des fonctionnaires dans le personnel a diminué entre les deux périodes de référence, passant de 30,12% à 24,23%.

La part des salariés intellectuels a augmenté dans la même période, évoluant de 12,21% à 18,20%. Cette augmentation s'explique essentiellement par le fait que l'administration communale a investi beaucoup dans le développement des infrastructures de garde pour enfants

(Maisons Relais). Le personnel qui travaille dans ces structures socio-pédagogiques est engagé par la commune sous le statut de salarié intellectuel.

En chiffres absolus, le nombre des femmes parmi le personnel communal a augmenté de 148 unités par rapport au 30.09.2007. Le nombre des hommes a augmenté aussi, mais moins vite que celui des femmes (+ 69 personnes).

En ce qui concerne la répartition du personnel par statut et par genre

Les femmes sont mieux représentées que les hommes dans les catégories des employés communaux (75,34% des employés communaux), des salariés intellectuels (78,06% des salariés intellectuels) et dans celle des agents de nettoyage (86,11% des agents de nettoyage).

Les hommes par contre sont mieux représentés que les femmes dans les catégories des fonctionnaires (68,58% des fonctionnaires) et des salariés manuels (81,20% des salariés manuels, sans les agents de nettoyage).

Par rapport au 30.09.2007, les hommes sont toujours mieux représentés que les femmes dans les catégories des fonctionnaires et des salariés manuels.

